

Informationsblat

N°94 -2009

Bulletin d'information de l'Administration communale de Sanem



Commune de Sanem



Inhaltsverzeichnis

3	Procès-verbal des votes du Conseil Communal de Sanem de la séance publique du lundi 15 décembre 2008
11	Gemeinderatssitzung Sanem vom 15. Dezember 2008 Budget 2008
22	Procès-verbal des votes du Conseil Communal de Sanem de la séance publique du lundi 19 décembre 2008
29	Gemeinderatssitzung Sanem vom 19. Dezember 2008 Stellungnahmen zum Budget 2008/2009
39	Procès-verbal des votes du Conseil Communal de Sanem de la séance publique du lundi 9 février 2009
48	Gemeinderatssitzung Sanem vom 9. Februar 2009 René Hertel neues Mitglied des Gemeinderats

Impressum

Editeur responsable:	Administration Communale de Sanem B.p. 74 L-4401 Belvaux Tél. (00352) 59 30 75 - 1 Fax (00352) 59 30 75 - 67 e-mail mail.commune@ac.sanem.lu www.sanem.lu
Conception et réalisation:	F' C R E A T I O N S
Texte allemand et photos:	Civitas Pascal Hansen
Textes français:	Secrétariat communal



Procès-verbal des votes

du Conseil Communal de Sanem de la séance publique du lundi, 15 décembre 2008

date de l'annonce publique:

9 décembre 2008

date de la convocation des conseillers:

9 décembre 2008

début:

14h00

fin:

17h40

Présents:

M. Engel Georges, président,
Mme Asselborn-Bintz Simone, Mme Cecchetti Myriam, M. Conter Raymond,
M. Diels Johny, M. Goelhausen Marco, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie,
M. Piscitelli José, Mme Reuter-Angelsberg Dagmar, Mme Reuter-Bauler Carine,
M. Rings Robert, M. Schroeder Nico, Mme Speck-Braun Patricia, M. Sunnen Fred.
M. Theisen Luc, secrétaire communal.

Absent(s) excusé(s):

Néant

Premier votant:

Mme Asselborn-Bintz Simone



Ordre du jour

1. Correspondance et Informations.

PROJETS

2. Construction d'un centre de secours pour les besoins du service d'incendie communal et le service de secours de la protection civile. Projet définitif détaillé: 6.158.885,15 € (4/0340/2123/001)

Vote unanime

3. Construction d'un nouveau boulodrome national à Belvaux. Projet définitif détaillé: 3.023.000,00 € (4/0833/2123/006)

Vote unanime



- 
4. Mise en peinture de la locomotive se trouvant vis-à-vis de l'école primaire dans la rue de la Poste à Belvaux. Devis définitif détaillé: 6.151,00 € (4/0720/2163/005)

Vote unanime

5. Remplacement de 25 parkas pour le service incendie et de sauvetage de la Commune de Sanem. Devis définitif détaillé: 4.000,00 € (4/0340/2241/001)

Vote unanime

TRANSACTIONS IMMOBILIERES

6. Approbation de compromis.

- a) Approbation d'un compromis de vente et d'échange avec les consorts Johanns concernant la vente au prédits consorts d'une parcelle de terrain (numéro cadastral 1129/4943, lieu-dit «rue de Niederkorn», section A de Sanem) sise à Sanem d'une contenance de 2,18 ares au prix de 65.400,- euros ainsi que l'échange sans soultre de deux parcelles de terrains de 17 centiares respectivement d'1 centiare.

Vote unanime

- b) Approbation d'un compromis de cession à titre gratuit avec la dame Brandenburger Alice concernant la cession d'une parcelle de terrain (numéro cadastral 621/8175, lieu-dit «rue Prince Jean», place voirie, section B de Soleuvre) sise à Soleuvre d'une contenance de 38 centiares.

Vote unanime

- c) Approbation d'un compromis d'échange avec le sieur Defay Jean concernant l'échange sans soultre de deux parcelles de terrain sises à Soleuvre de 9 centiares (numéro cadastral 621/8178, lieu-dit «rue Prince Jean», place, section B de Soleuvre) respectivement 8 centiares (numéro cadastral 621/8176, lieu-dit «rue Prince Jean», place voirie, section B de Soleuvre).

Vote unanime

- d) Approbation d'un compromis d'échange avec le sieur Holcher René concernant l'échange sans soultre de deux parcelles de terrain sises à Belvaux de 4 centiares (numéro cadastral 283/7774, lieu-dit «rue des Alliés», place, section C de Belvaux) respectivement 3 centiares (numéro cadastral 285/7777, lieu-dit «rue Grande Duchesse Charlotte», place voirie, section C de Belvaux).

Point reporté au 19.12.2008

7. Approbation d'un acte de vente avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg dans l'intérêt de la régularisation de la propriété d'un ancien lit de ruisseau dans la zone d'activités à caractère national 'Hahneboesch'.

Vote unanime

FINANCES

8. Fixation de l'impôt foncier suivant les nouvelles dispositions légales relatives à l'impôt foncier pour l'année 2009.

A	Propriétés agricoles	400%
B1	Constructions industrielles ou commerciales	600%
B2	Constructions à usage mixte	400%
B3	Constructions à autre usage	200%
B4	Maisons unifamiliales, maisons de rapport	200%
B5	Immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation	400%
B6	Terrains à bâtir à des fins d'habitation	400%

Vote unanime

9. Ajustement du prix des repas sur roues.

Le Conseil Communal,

Vu la délibération du conseil communal de Sanem du 30 mars 2001, approuvée par Monsieur le Ministre de l'Intérieur le 25 avril 2001, fixant le prix des repas sur roues à 6,20 euros par repas;

Considérant qu'entretemps le coût de la vie, les frais de personnel, les frais d'emballage ainsi que les frais de distribution ont considérablement augmenté; Considérant que pour équilibrer le budget communal, il est nécessaire d'adapter le prix des repas sur roues;

décide d'ajuster le prix des repas sur roues à 7,50 euros ttc par repas, et prie l'autorité supérieure à donner son accord.

Vote unanime

10. Ajustement de l'indemnité pour la distribution des repas sur roues.

Le Conseil Communal,

Vu que l'indemnité pour la distribution des repas sur roues est actuellement fixée à 1,25 euros (indice 636,26) par repas suivant décision du conseil communal du 13.12.2004 approuvée par l'autorité supérieure en date du 24.12.2004 no. 52/04/cac;

Vu que la commune mettra dorénavant des véhicules de livraison à disposition des personnes chargées de la distribution qui n'auront donc plus besoin d'utiliser leur voiture privée;

à l'unanimité des voix, décide d'ajuster l'indemnité pour la distribution des repas sur roues à 1,- euro (indice 685,17) par repas distribué avec effet au 01.02.2009, et prie l'autorité supérieure à donner son accord.

Vote unanime



11. Approbation de diverses taxes relatives à des services offerts par le CIPA.

Le Conseil Communal,

Vu la proposition de nouveaux services à offrir par le CIPA afin de répondre à la demande des utilisateurs et de diversifier les recettes de la maison;

décide d'approuver les taxes suivantes relatives à des services à proposer par son CIPA:

Type	Montant	Description
Centre de jour	- 25,- euros avec transport (territoire de la commune) - 20,- euros sans transport	- Ouverture d'un centre de jour pour personnes âgées - Public: personnes valides ne nécessitant pas de soins - Ouverture: 5j/7 et de 8h00 à 16h00 - Objectifs: <ul style="list-style-type: none">• créer un lien voire assurer une continuité entre le domicile et le CIPA• Familiariser le «futur client» avec la vie du CIPA
Repas du jour	8,50 euros	Préparation et possibilité de prise d'un repas pour les salariés de la commune (administration, service technique, enseignement, maison relais), les membres du conseil communal et des commissions consultatives ainsi que pour les personnes qui répondent aux conditions d'admission du CIPA
	3,- euros	Prise d'un repas pour les salariés du CIPA
Pensionnaires – droit d'entrée	350,- euros	Mise en état du studio à l'entrée
	50,- euros	Marquage du linge à l'entrée
	50,- euros	Frais d'ouverture dossier
	5% (forfait) de la somme d'achat	Supplément pour frais administratifs (courses, ...)
Pensionnaires – entretien linge	25,- euros par mois	Entretien du linge des résidants du CIPA
	10,- euros par lot	Marquage (suivi) du linge des résidants
Pensionnaires – abonnement téléphonique	16,- euros par mois	Abonnement téléphonique mensuel avec mise à disposition d'un appareil téléphonique, mais hors communications.
Cafétéria	1,5 euros	Par boisson (café, bière, jus, ...)

Vote unanime

12. Adaptation du règlement communal concernant la – Participation communale de 25% à l'abonnement 'Jumbo-Kaart'. (3/0730/6170/010)

Définition «Jumbo-Kaart»

La «Jumbo-Kaart» est un abonnement annuel pour jeunes gens, moyennant lequel le titulaire peut voyager pendant la durée d'une année sur toutes les lignes exploitées par les quatre réseaux de transport public de personnes, à savoir: les Autobus de la Ville de Luxembourg (AVL), les Chemins de Fer Luxembourgeois (CFL), les entreprises du Régime Général des Transports Routiers (RGTR) et le Syndicat des Tramways Intercommunaux dans le Canton d'Esch (TICE).

Bénéficiaires

Peut bénéficier d'une participation de 25% à l'abonnement «Jumbo-Kaart» tout titulaire d'un tel abonnement, valable à la date de la demande et habitant la commune de Sanem. **Les restrictions et conditions à cette subvention sont identiques à celles prévues pour l'octroi d'une carte d'abonnement «Jumbo».**

La participation est accordée sur demande de l'intéressé.

La demande, étayée d'une photocopie de la carte, doit être faite à l'administration communale avant l'expiration de la carte.

Paiement de la subvention

La participation sera liquidée par la recette communale pour toute demande introduite,

- soit avant le 31 mars pour toute carte émise pendant la période du 1^{er} septembre au 28 février,
- soit avant le 30 septembre pour toute carte émise pendant la période du 1^{er} mars au 31 août.

La participation ne pourra être payée qu'une seule fois par carte et par période de validité d'un an.

La participation est sujette à restitution, si elle a été obtenue à la suite de fausses déclarations, de renseignements inexacts ou d'erreur de l'administration communale.

Entrée en vigueur

La date d'entrée en vigueur du présent règlement est le 1^{er} janvier 2009.

Vote unanime

13. Fixation de l'indemnité à accorder aux coordinateurs des activités de vacances 'Vakanznomëttelecher'.

Le collège échevinal propose de rémunérer les trois coordinatrices comme suit:

- Pour 2008: une indemnité forfaitaire de 5.000 € pour chacune d'elles en s'étant basé sur une prestation de 200 heures à 25 €/h.
- Pour les années suivantes: une indemnité forfaitaire de 3.750€ pour chacune d'elles en se basant sur une prestation de 150 heures à 25 €/h.

Vote unanime

14. Subsides à accorder à diverses associations.

Nom	Objet	Montant demandé	Montant accordé
Fraiwelleg Pompjeen Gemeng Suessem	Indemnité frais de téléphone 2008		Montant intégré dans le subside annuel
Naguir des Roches			0,- €
Fondation Hellef fir d'Natur			0,- €
Natura			0,- €
Amnesty International			0,- €

Vote unanime

15. Organisation du service «Nightrider» dans la région Sud pour l'année 2009.

**a. Organisation du service «Nightrider» dans la région Sud pour l'année 2009.
Décision de participer à l'action du syndicat PRO-SUD.**

Le Conseil Communal;

à l'unanimité des voix décide:

- a. 1. de participer à l'action du syndicat PRO-SUD tendant à introduire le service "Nightrider" sur le territoire de la région SUD pour l'année 2009, et de libérer de ce fait 15.355,90 € pour l'année 2009
2. que la commune n'assumera aucune responsabilité envers le détenteur de la carte du fait d'éventuels manquements aux obligations engagées par l'entreprise privée chargée de l'organisation du service «Night-Rider», (accident, coupure de service, retard, confort, comportement des autres voyageurs et du personnel, état du matériel roulant, propreté dans les bus et autres)

Vote unanime

**b. Organisation du service «Nightrider» dans la région Sud pour l'année 2009.
Création d'une taxe/prix de vente. (art.budg. 2/0720/7020/001)**

Le Conseil Communal,

décide:

1. de fixer le prix de vente de la «Night-Card» pour les habitants de la commune de Sanem âgés au jour de vente de moins de 27 ans à 40,- € pour les cartes vendues entre le 1^{er} janvier 2009 et le 31 août 2009 et à 20,- € pour les cartes vendues entre le 1^{er} septembre 2009 et le 31 décembre 2009,
2. de fixer le prix de vente de la «Night-Card» pour les habitants de la commune de Sanem dont l'âge au jour de vente est égal ou supérieur à 27 ans à 80,- € pour les cartes vendues entre le 1^{er} janvier 2009 et le 31 août 2009 et à 40,- € pour les cartes vendues entre le 1^{er} septembre 2009 et le 31 décembre 2009,

Vote unanime

-
16. Approbation d'une convention avec le Syndicat Intercommunal à Vocation Ecologique (SIVEC) réglant l'exploitation des ouvrages annexés au réseau de collecteurs.

Vote unanime

17. Approbation de la convention réglant les relations entre Objectif Plein Emploi asbl et l'administration communale de Sanem.

Vote unanime

18. Plan d'action local pour l'exercice 2009 du Centre d'Initiative et de Gestion Local Sanem (CIGL Sanem - réseau OPE).

CIGL Sanem asbl - Global	207.144,23 €
CIGS Okkasiounsbuttik.lu	11.292,18 €
CIGL Sanem asbl - Archives	22.519,13 €

Vote unanime

19. Programme d'action pour l'exercice 2009 du Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA).

Cout total du programme d'action 2009: 115.000,- euros.

Vote unanime

OFFICE SOCIAL

20. Approbation du budget rectifié 2008 et du budget 2009 de l'office social.
Subside de la commune:
Rectifié 2008: 24.121,- euros
Budget 2009: 63.750,- euros

Vote unanime

21. Approbation du compte de gestion 2006 de l'office social.
Subside de la commune: 0,- euros

Vote unanime

22. Renouvellement d'un cinquième de l'office social.

Le bureau de l'Office social et le collège échevinal propose de nommer Monsieur Fernand Wiltgen de Belvaux.

Vote unanime



PERSONNEL - ADMINISTRATION

23. Création d'un poste d'expéditionnaire technique (m/f).

Vote unanime

DIVERS

24. Règlements de circulation.

Pas de règlement à confirmer.

25. Statuts.

- Anlaufstelle für Pädagogen und Eltern, Luxembourg asbl
- Supporter-Club Bieleser Musék asbl

Prise de connaissance

26. Questions et divers.

BUDGET

27. Présentation du budget rectifié de l'année 2008.

28. Présentation du budget de l'année 2009.



Gemeinderatssitzung Sanem vom 15. Dezember 2008

Budget 2008

ALLGEMENG IWWERLEEUNGEN VUM GEORGES ENGEL

D'Joeren 2008 an 2009 gi ganz wichteg Joeren an der Geschicht vun der Gemeng Suessem.

Et ginn déi Joeren, wou grouss Investissementer an der Gemeng getätegt ginn. Dat hunn ech schon d'läsch Joer gesoot an et ass och esou.

D'Joer 2008 war e Joer wou vill Zäit an d'Préparation vun Dossieren geluecht gouf, déi an de nächste Joeren mat der konkreter Realisatioun wäerten ugoen a färdech-gestallt wäerte ginn.

Eng couragéiert Finanzpolitik mat enger räsonabeler Varsiichtegkeet an èmmer am Senn vum Bierger hu mer eis als Zielsetzung sinn an och an deene läschte Joeren, zumindest mol säit 2006 èmgesaat.

Haut, nodeems des Majoritéit an der Hallschent vun hierer Legislaturperiod ass, kenne mer houfreg sinn op dat wat geleescht ginn ass an deenen 3 Joer.

Am extrordinaire Budget waren dat ronn 17 Mio. fir 2006, fir 2007 17,2 Mio. €, fir 2008 waren et der 22 Mio. € a fir 2009 sinn et der erem 22 Mio. €.

Ech wees och dass et teschent deem wat am Budget steet an deem wat effektiv ausgi gett eng Differenz gett. Des Differenz wäert och èmmer bestoe bleiben. Eist Zil ass et awer, desen Ecart esou kleng wéi méiglech ze halen, fir dass de Budget och e fiabelt Aarbechtnstrument ass a gett.

Wann een den Invest aus den 3 éischten Joeren zesummenzielt, da mecht dat 56,2 Mio. € aus, déi am Budget stungen, déi awer, an dat wesst der, net all ausgi gi sinn. Haut kommen nach eng Kéier 22,5 Mio. derbäi.

Wa mer d'Dépenses extraordinaires 2008 vergläiche mam Budget rectifié 2008, da gesi mer dass mer eng Differenz vu 5 Milliounen € hunn.

Dobäi musse e soen, dass mer eng Ausgab vun 2,9 Milliounen €, nämlech de Kaaf vum Terrain fir d'Schoul um Belval op Wunsch vun der Agora net an desem Joer gemach hunn.

Des Suen eweggeholl, wiere mer bei enger Differenz vun ronn 2 Milliounen, wat bei enger Somme vun 22,5 Milliounen mol keng 10% ausmecht.

Also hu mer och am Joer 2008 des Differenz erem esou kleng wéi méiglech gehal an dat ass en Zeechen dass de Budget 2008 ganz réalistesch a korrekt war.

Am Budget 2009 si virgesinn:

	ordinär	extraordinär	total
Reçetten	42,806 Mio. €	14,692 Mio. €	57,5 Mio. €
Ausgaben	37,166 Mio. €	22,540 Mio. €	59,7 Mio. €

Boni 2008: 2,508 Mio. €

Reste: 301.607 €

Impôt commercial communal

→ + 6,7% par rapport à recette 2007

Dotation de l'Etat

→ + 10,68% par rapport à recette 2007

Den Emprunt vu 5 Mio. € vun 2008 ass net ugepackt ginn a et bleift also fir 2009 bei supplementaren 5 Mio. €. Et gett kee weideren Emprunt opgeholl!!

D'Prokappverschöldung ass um 31.12.2008 bei 571 € bei 14.500 Awunner, wat eng Gesamtschold vun 8,2 Milliounen € ausmecht.

D'Prokappverschöldung mat dem Prêt vun 5 Mio. € ging dann also op 891 € klammen.

Schold nom neie Prêt wier dann 13,2 Mio. €.

De Robert Rings seet iech duerno, wéi mer domadder am Verglach zu anere Gemenge stinn.

Werfe mer mol e Bléck an eise Fonds de réserve:

2004	4,1 Milliounen €
2006	2 Milliounen €
2008	2,5 Milliounen €

Mär hunn also am Joer 2008 eise Fonds de réserve em 500.000 € erhéigt.

Bei der läschter Budgetsprésentatioun ass och vill iwwert d'Ästellungspolitik vun deser Majoritéit geklot ginn.

Ech kann iech soen, dass d'Ästellen vu Leit zu de schwieregsten Aufgaben gehéiert, déi de Schäfferot huet, well niewent dem Erausfannen vun de Kompetenzen an der Fähegekeet sech an enger Equipe ze intégréieren, spilt bei jidder Entscheidung och dat mënschlecht Schicksal vum Eenzelnen mat an mat desem Drock eens ze ginn ass net émmer évident.

Evolution Personnel:

2008: 322 Leit

2009: 341 Leit, fir déi Suen am Budget virgesi sinn.

Ech muss iech soen, dass mer dese Posten genau am A behalen. Kloer ass et awer och, dass wa nei Aufgaben op eis duerkommen, sou wéi z.B. d'Chèques services déi, laut Regierung, den 1.3.2009 sollen a Kraft trieden, a wou d'Gemengen dann awer müssen émsetzen, da muss een sech virbereeden an och déi neideg finanziell Moyenen am Budget virgesinn. Wann d'Sue virgesi sinn, heescht dat awer nach net, dass d'Posten besaat wäerte ginn. Hei probéiere nom Prinzip „so wenig wie möglich, soviel wie nötig“ ze verfueren, ouni awer un der Qualitéit vun eisem Service ze verléieren.

Och d'Évolutioun um Belval, déi seleche Projeten, déi mer am gang sinn, déi duerno och eng Botzfra, en Techniker, e Portier asw brauchen, sinn hei mat virgesinn.

Dass mer am Joer 2008 och geschafft hunn a wou eis Suen higang sinn well ech hei a kuerze Wieder eng Kéier opzeechnen a nämmen déi gréisst Projeten nach eng Kéier ernimmen:

Réalisé 2008:

- Ausbau vum Gemengegebäi → e Salle fir de Schäfferot ass bääkomm an domadder hu mer och méi Plaaz fir eist Sekretariat
- Och um Bau vun eisem neien Centre d'intervention ass geschafft ginn sou dass mer en haut stëmme konnten. Och d'Planung kascht Suen, a net ze knapps. Wann déi awer richteg an duerchduet ass, trieden bei der Réalisatioun keng gréisser Problemer op.
- Fir d'Pompjeen → Material (Wärmebildkamera, Führerschäiner, nei Parkas) → 25.000 €
- 3 nei Schoulsäll gi gebaut zu Zolwer an der Schoul 2000 → ware Novemeber 2008 funktionnel → ronn 830.000 €
- Mat der Renovatioun vun der Schoul am Roude Wee ass et gutt wiedergang → 800.000 €

- D'Renovatioun Suessem Schoul → Fensteren an d'Façade si neigemach ginn
- Wa mer den Terrain um Belval Sud kaafen, bauet mer och eng Schoul drop. De Projektmanager ass drop an drun erausgesicht ze ginn (1.Phas ofgeschloss), d'Ingénieurs sinn erausgesicht
- Nei Spillplaaz am Schoulhaff zu Eilereng gouf mat den Elteren, dem Léierpersonal an de Kanner an Zesummenarbecht mat eisem Service gebaut
- Weider informatescht Material fir eis Schoulen gouf ugeschaf → 200.000 €
- Och an eis Jugendhäiser resp. Treffpunkt fir eis Jugend gouf investéiert: Suessem an Eilereng si funktionnel
- Den Terrain CIPA, wou mer 2,1 Mio.€ fir den Terrain an 1,4 Mio.€ fir de Bau vum CIPA am Budget 2008 haten, ass kaft ginn. En huet huet am Endeffekt 1.780.000 € kascht.
- De neien Boulodrom ass haut gestëmmt ginn. D'Planung ass do gutt virugang.
- Eise Fuhrpark gett lues a lues awer raisonabel erneiert an eng Rei Camionetten, Bennen a Maschinen goufe fir eis Servicer kaft.
- D'rue Ehlerange, dem sougenannten Tippewee ass ganz erneiert ginn
- Kanalarbechten si gutt virukomm:
205.000 € fir an der Cité Kaufmann
125.000 € fir an der Cité 2000, Aarbechten, déi drop an dru sinn ausgefouert ze sinn (Januar-Februar 2009)
- An der rue des Aulnes zu Suessem, an der rue de Differdange zu Zolwer, an och nach op anere Plazen wäerte mer de Kanal esou erneieren, dass d'Leit net méi geplot sinn: awer een nom aneren
- De Projet vun der Verleeung vun den Ofwaasser op de SIVEC huet eis dest Joer och nach 1,575 Mio. € kascht, déi mer awer och zu 90% zeréckbezuelt kréien.
- 117.369 € ass eis Participatioun um Minettkompost fir déi nei Installation de fermentation (wat 9 € pro Awunner ausmecht)
- De Préfinancement vu Sudgaz an den Aessen hu mer mat 254.000 € zerekzebezuelt
- Renovation vun der Suessem Hal huet 166.000 € kascht
- Renovatioun vun der Kierch zu Eilereng ass fir 110.000 € ausgefouert ginn
- Projet vun der Oeuvres paroissiales waren 100.000 € virgesinn, d'Konvictioun hu si gescheckt kritt an de Projet geet elo virun. Den Ausbau vum Scoutsall ass finanziell mat 64.000 € énnerstetzt ginn
- Déi nei Vestiaireen vum FC Belvaux si färdechgestallt an ageweit ginn

- 660.000 € stungen am Budget fir den Terrain vu Bieles als Terrain synthétique emzebauen. De Projet ass gestëmmt, gouf awer aus de bekannte Grënn net 2008 mä 2009 réaliséiert
- Fir d'Mise en conformité vun der Sportshal um Scheierhaff stungen 650.000 € am Budget, wou d'Vestiairen an de Sanitär gemach gi sinn an awer och schon am Kader vum neie Projet, deen mat 500.000 € zu Buch schléit, am Sous-sol fir den Deschtennis de Sall esou aménagéiert gouf, dass si do besser Trainings- a Matchgeleeënheeten hunn
- Och wa mer schons d'láscht Joer 50.000 € fir d'étude de jalonnement virgesinn haten, sou si mer gudder Hoffnung dass mer se dést Joer an Ugrëff kennen huelen, well mer jo mam Beamten um Ministär net virukomm sinn. Eisen Deel vun den Aarbeschten ass schon umgaang an ass jo och scho gestëmmt ginn
- An der Cité Lamesch sinn d'llôten am gaang erofgesaat ze ginn
- An da bleiwen nach 100.000 € fir d'Belichtung vum schwaarze Wee a fir den Uschloss vun der Klengdéierenzuchtanlag, wou mer am läschte Gemengerot de Projet gestëmmt hunn

**Där gesitt, dass mer 2008 net geschlof hunn.
Ech si mer zwar sécher, dass der e Freiden heibannen sinn, déi soen, si hätten dat anescht, méi richteeg a vläit esouguer och besser gemach.**

Mär hunn et awer esou gemach, wéi mär et fir richteeg fonnt hunn a virun allem: Mär hunn et gemach, mär hunn eng Rei vu Projeten an Ugrëff geholl, vun deenen scho laang, ganz laang geschwaat gouf, déi émmer erëm opgetaucht sinn a net réaliséiert goufen.

De Budget 2008 war e gudde Budget an déi Suen, déi investéiert goufen, goufe richteeg investéiert.

Ech ginn elo d'Wuert weider un de Robert Rings, deen den odrinäre Budget wéi émmer virstellt.

BUDGET ORDINAIRE ROBERT RINGS

Léif Kolleginnen a Kollegen,

zénter kuerzem wësse mer, bedéngt duerch déi international Finanzkris, datt et an de nächste Joren wäert finanziell vill méi enk ginn, souwuel fir de Staat, an dat

bedeit automatesch och fir d'Gemengen. Eis Gemeng wäert virraussichtlech och, wéi déi aner Gemengen, müssen e bessi méi lues trëppelen. Dobäi musse mer eng Zort Spagat fäerdegen kréien.

Engersäits däerfen de Staat an d'Gemengen elo net op d'Investitiounsbrems sprangen, well dat fir eis Wirtschaft a fir eis Betriber absolut negativ Konsequenzen hätt, anerersäits musse mer als Gemeng oppassen, datt mer déi Investitiounen déi mer wëllen héich halen, awer och finanziell packen, an eis net esou verschélden, datt mer deenen déi no eis kommen eng Situatioun hannerloessen, déi si zevill belaascht.

Dofir ass et ganz gutt, datt d'finanziell Situatioun vun eiser Gemeng, well se an hirem Plangen émmer viirsichteg woar, als absolut gesond ze bezeechnen ass.

D'Gemengeschold ass op den 31.12.2008 bei 8.261.743 €, wat eng Prokappverschëldung vu ronn 572 € bedeit.

Dat ass u sech, a virun allem och am Verglach mat anere Gemengen absolut raisonabel.

Zwee Beispiller vun anere Gemenge weisen dat: Péiténg huet z. B. bei enger bal identescher Bevölkerungszuel eng Schold vun ongeféléier 25 Milliouenen €, also 3 x méi wéi mär, Schéffléng mat 8.800 Leit eng Schold ronn 32 Mio. € wat eng Prokappverschëldung vun momentan engen 3.600 € ass, also 6 bis 7 x méi héich, wéi déi vun der Gemeng Suessem.

D'Annuitéiten vun eiser Schold maachen 3,75% vun eise Recettes ordinaires aus, zu Schéffléng sinn et eng 13%.

Och dat ass ganz gutt ze droen.

Dobäi muss ee soen, datt den Emprunt vun 1993 bei der Privatpensiounskées mat engem Taux fixe momentan zwar némmen 15% vun eise geléinte Suen duerstellt, mee awer 40% vun eisen Annuitéiten. Deen Emprunt leeft bis 2011, an duerno si mer déi Laascht endlech lass.

Sollte mer déi 5 Mio. déi mer am Budget virgesinn hunn, integral müssen huelen, géif d'Prokappverschëldung op eng 828 € klammen, an dat géif dann 4,67% vun de Recettes ordinaires ausman.

Ech erënneren drun, datt den Inneminster dovu schwätzt datt dee Prozentsaz net soll iwwer 20% vun de Recettes ordinaires sinn.



Wa mer also sollten déi 5 Mio. Emprunt huelen, da géif eis Prokappverschöldung nach èmmer méi niddreg leie wéi an de Joren 2004 an 2005, wou se bei 853 € respektiv 838 € luch.

Där gesidd also datt mer do nach vill Spillraum hunn.

Dobäi ass an de läschte Joren ganz vill investéiert ginn: Ech erënneren un den Opbau vun der Maison Relais, un d'Renovatioun oder de Neibau vun eise Schoulgebeier, de Kulturschapp zu Eileréng, d'mise en conformité vum Scheierhaff, d'Erneierung vun enger Rei Stroossen, fir némmen déi ze nennen.

Allerdéngs sinn och déi Aufgaben déi nach op eis woarden alles anescht wéi kleng an och do zielen ech der just e puer op:

- Renovéirung Schoul Roude Wee
- Bau vun enger neier Schoul mat Sporthal um Belval
- Bau vum CIPA um Belval
- Bau vum Centre d'Intervention um Scheierhaff
- Erweiderung vum Boulodrôme

E leng déi dote Projet'en, déi eng absolut Noutwendegkeet fir eis Gemeng sinn a keng Prestigeprojet'en, wäerten eis Gemeng finanziell stoark belaaschten.

An all menge Budgetsrieden an de läschten 12 Joer hunn ech èmmer nees betount datt eis Gemeng soll eng viirsichteg, awer keng ängstlesch Finanzpolitik bedreiwen.

Ech mengen, datt mer eis grosso modo doru gehal henn, a wann ech haut kucken, da fannen ech, datt eis finanziell Situations ganz gesond ass, wat d'Konsequenz vun enger viirsichteger Politik ass, an datt awer ganz vill an dëser Gemeng geschafft a verschafft ginn ass, wat weist, datt keng ängstlech Politik gemeet ginn ass.

Dat soll menger Meenung no och eise Motto fir d'Zukunft sinn, onofhängeg dovun, datt eng Majoritéit hire Budget an hir Projet'e luewt, an datt d'Opposition verständlecherweis éischter Tendenz huet, déi ze kritiséieren.

Déi plakeg Zuelen déi eis Gemeng haut virzeweisen huet, si Beleg dofir, datt d'Politik an dëser Gemeng an de läschte Joren, net esou falsch gewiescht ka sinn.

A wann den extraordinaire Budget, d'Investitioun fir d'Zukunft opzielt, an doduerch sécherlech méi spektakulär ass, sou däerf een awer net vergiessen, datt et eigentlech den ordinaire Budget ass, deen engersäits

fixéiert wat eng Servicen een HAUT eise Matbierger ubidd (Gemengeservicer, Schoul, Maison Relais, CIPA, Jugend asw) an anerersäits awer och d'Méiglechkeet eréischt schaift, iwwerhaapt d'Moyen'en ze hunn, fir eppes am Extraordinaire Beräich ze maachen.

Och am Ordinaire Deel zielt also, datt een fir e gesond Gläichgewicht suergt, fir eise Matbierger haut eng flott Gemeng mat gudde Servicer an enger gudder Liewesqualitéit ze bidden, an awer och viirsichteg handelt, fir och an Zukunft nach kenne wichteg Infrastrukturen a Servicer ze garantéieren.

Ee ganz gutt Beispill sinn do menger Meenung no eis Structures d'accueil resp. Maison Relais, gutt Beispill och, well do de ganze Gemengerot vun Ufank un un engem Strang gezunn huet, an dee Projet also politesch mengen ech, net èmstridden ass.

Mir henn eis ganz fréi fir en Opbau an duerno fir en couragéierten Ausbau decidéiert, wéi nach kaum eng aner Gemeng esou decidéiert an déi Richtung geduet huet.

Natierlech huet dat eisen ordinaire Budget sérieux belaascht, a belaascht en och haut nach, op däri anerer Säit hu mer awer eppes geschaافت, wat haut fir vill Familien en absolute „Must“ ass, fir Familljeliewen a Beruff an Aklang ze bréngen, an eis Gemeng ass haut sécherlech fir vill Familljen grad doduerch en Unzéitungspunkt, wat nees eng nei Dynamik och fir d'Gemengeliewen mat sech bréngt.

Dat selwecht zielt iwwregens och fir eis Schoulpolitik, wou mer eis Landeswäit e Numm gemeet hunn, well mer dofir suergen, oder op mannst als Zil hunn, eng gutt Schoul fir all Kanner unzebidden.

Dat ass awer némmen ze erreechen, wann een och do a Leit a Mesuren investéiert, déi eng Betreuung vu Kanner mat Schoulproblemer erméiglecht an intensivéiert.

Ech erënneren do un eis équipe multi-professionnelle, un eis Reittherapie, un eisen Accompagnement scolaire, un eis Investitiounen an d'Informatik, eis aner Projet'en an de Schoulen.

Datt d'Ministesch gewënscht huet, all dës Projet'en perséinlech kucken ze kommen, datt mer de Präis vun „Elteren a Pädagoge fir d'Integratioun“ kritt hunn, ass net d'Zil vun eiser Schoulpolitik, awer sécher e flotten Nieweneffekt, a weist awer virun allem, datt mer de richtege Wee ageschlon hunn.

Déi selwecht Remarken zielen natierlech och fir aner Beräicher, der Seniorenpolitik, der Jugendpolitik, der Veräinspolitik, den direkte Servicer déi mer als Gemengenadministratioun oder als Service Technique eise Leit ubidden.

All déi Saachen muss een am Hannerkapp hunn, wann een d'finanziell Analyse vun eisem Budget ordinaire mécht.

Wéi all Joer presentéieren ech den ordinaire Budget, an dat net isoléiert, mee mat engem Bléck op d'Entwécklung vun de läschte Joren, an de Buergermeeschter iwwerhëllt den extraordinairen Deel.

Déi wichtigst Messagen wëll ech awer nach emol widderhuelen.

Eis Gemeng huet an de Joren 2005, 2006, 2007 an 2008 keen neien Emprunt missen huelen. Eis Prokappverschöldung ass trotz wichtegen Investitiounen an deem Zäitraum vun 853 € op 572 € erofgaang. Eis Gesamtschold op den 31.12. 2008 ass bei 8.261.743 €, wat méi wéi raisonnabel ass. Dobäi däerf een och net vergiesen, datt mer nach 2,5 Mio. € am Fonds de réserve hunn.


Ech wäert de Budget rectifié 2008 an de Budget 2009 wéi émmer zesummen presentéiren

Dir hudd déi verschidde Grafiken virun lech leien.

Ech fänken un mat den

1. Dépenses ordinaires

Dépenses ordinaires 2008 / 2009



Remark:

Ech hun wéi émmer als Referenz dee Budget geholl, dee mer virun engem Joér hei gestëmmt hunn, an net

dee Budget 08 aus dësem Band, an deem jo d'Modifications budgétaires dran enthalte sin, déi mer iwwert d'Joér gestëmmt henn.

Fir objektiv ze beuerdelen, ob de **Budget dee mer 2007 gestëmmt hunn** engechermossoen zoutreffend Previsiounen enthalten huet, muss ee schon déi Zuelen huelen, déi mer d'läsch Joér hei gestëmmt henn.

Fir d'éischt déi **global Siicht wat d'Dépenses ordinaires ugeet**:

Budget Initial 08:	34.617.143 €
Budget Rectifié 08:	34.611.255 € (-0,02%)

Dat nennt een am Sport e Volltreffer, well téscht eise Previsiounen an dem virleefge Resultat just 5 888 € leien, an dat bei enger Zomm vun iwwer 34 Milliounen.

Dobäi muss een dee Volltreffer awer relativéieren, well et awer déi eng oder aner substantiell Ännérung ginn huet, wéi mer härno nach wäerte gesinn.

Dat wat d'Zuelen vun den Dépenses ordinaires liicht verfälscht, ass d'Tatsaach, datt dëst Joer de Staat d'Decompten vun de Joren 2003 bis 2007 bei der Remuneratioun vun engem Drëttel vun de Peien vum Léierpersonal gemeet huet.

Dat hat déi flott Konsequenz fir eis Gemeng, well mer an dëse 5 Joer 1.242.464 € zevill bezuelt haten, datt mer déi Suen elo vun eiser Contributioun fir dëst Joer ofgerechent kruten. Am Budget rectifié 08 stinn also elo just 1.649.837 € amplaz vun 2.893.000 déi awer eis reell Contributioun ass.

Dat heescht also, datt eis Dépenses ordinaires reell bei 35.853.000 € leien, an net bei 34.611.000 € wat dann eng Steigerung vun 3,5% par rapport zum Budget initial wieren.

Fir de Budget 2009 sinn 37.166.008 € dépenses ordinaires virgesin.


Dat as am Verglach zum Rectifié 2008 eng Steigerung vu 7,38%, awer och déi Steigerung muss ee konsequenterweis relativéieren.

Wa mer, wéi et méi richteg ass, vun Dépenses ordinaires fir d'Joer 2008 vun 35.853.000 € ausginn, da bedeiten déi 37.166.000 € Dépenses ordinaires fir 2009 just eng Augmentatioun vun 3,6%.

Ech erënneren drun, datt de Staat als Recommandatioun gëtt, déi Depensen am Verglach zum Virjoer net méi 6,2% klammen ze loessen, wat mer heimatt also largement anhalen.

Wourop sinn d'Changementer bei den verschidden Beräicher zréckzeféire?

Dépenses ordinaires 2008/09



D'prozentual Veränderungen déi Dir bei dene verschiedenen Servicer gesidd, bezéien sech jeweils op déi Seil virdrun, d.h. beim Rectifié (dat ass déi gro Seil) vergläichen ech mam Budget initial 08 (dat ass déi wäiss Seil) a beim Budget initial 09 (3. schwarz Seil) vergläichen ech mam Rectifié 08.

Fir d'éischt wat de Budget rectifié 08 betrëfft, also de Verglach vun der rouder Seil matt der bloer

Wéi gesot, beim Rectifié hu mer par rapport zum Budget dee mer d'läschte Joer hei gestëmmt hunn keng grouss Ännnerungen, sou datt et net vill Sénne mecht, sech ze laang domatt opzehalen.

Déi eenzeg substantiell Ännnerungen, sinn déi - 15,7% beim Enseignement, déi ech elo erkläert hunn, an déi just duerch d'Decompten vun de Jore virdrunkn bedéngt sinn, an also keng nohalteg Aspuerunge sinn, an zweetens déi - 15,8% bei den Annuitéiten, déi sech do duerch erklären, datt mer den Emprunt vu 5 Milliounen net hu missen huelen.

Elo zum Budget 2009 am Verglach zum Budget Rectifié 2008

Administration Générale: + 350.000 € (méi héich Personalkäschten, Wahlen 09)

Enseignement: + 2.000.000 € / reell 800.000 € (Decompte 2003-2007!) (portiers et nettoyage + 250.000 €; Accompagnateurs scolaires +100.000 €; personnel enseignement (1/3) + 200.000 €, de Rescht haapsächlech op d'Peien vun de Chargeeën an eng Rei Posten verdeelt vu Schoulmaterial

Prévisions Sociales: + 600.000 € (engersäits Personalkäschten duerch méi héich Peien, aneresäits + 350.000 € fir d'Maison Relais well mer preparéiert welle sinn, wann elo d'Chèque-service am Laf vum Joer agefouert ginn, an do emol eng Rei Posten am Budget virgesinn hunn)

Logement: + 200.000 € (SIACH + 90.000 €; Rescht: Personalkäschten)


Bei Culture, loisirs et culte an Transport et communication praktesch keng Ännnerungen am Verglach zum Budget rectifié

Bei den Annuitéiten hu mer natierlech missen eng Steigerung virgesinn, fir de Fall wou mer den Emprunt missten ophuelen

Wichteg ass awer och nach ze bemierken, datt mer am Offallberäich, an der Canalisation an an der Waasserversuergung am ordinaire Budget kosten-deckend sinn, wat ganz wichteg ass, well mer doduerch méi Spillraum am extraordinaire Budget kréien.

Hei elo nach e puer Grafiken, wat d'Opdelung vun den Dépenses ordinaires ob déi verschidden Servicer ugeet.

Dépenses ordinaires 2009



Hei gesäit een, datt den Enseignement matt 25% déi gréisste Posten as, duerno kënnt Prévisions sociales mat 23%, dann Logement, Aménagement du Territoire et Environnement matt 19%, an dann d'Administration générale matt 16%. Déi 4 Servicer maachen eleng 83 % vun eisen Dépenses aus.

Och wann déi Servicen eisen Budget ordinaire also vill belaaschten, sou muss een awer an Erwägung zéien, datt mer bei eenzelnen Dingschtleeschtungen och grouss Einnahmen hunn, déi een an de Recettes ordinaires zréckfénnt.


Fir also erauszfannen, wat eis Gemeng wierklech belaascht, kann een also bei deenen Servisser dat vun den Ausgaben ewechrechnen, wat mer och als Einnahmen erakréien.

Beispill:

Bei der Schoul hu mer vill Ausgaben, awer praktesch keng Einnahmen, bei de Prévisions sociales hu mer awer vill Ausgaben awer och vill Einnahmen, z.B. duerch d'Pensiounspräisser am Altersheim an duerch d'Participatioun vum Staat a vun den Elteren bei der Maison Relais

Dat gëtt dann en anert Bild. Wat belaascht eis Gemeng also reel? Dat gesi mer an der nächster Grafik.

Dépenses ordinaires (nettes) 2009



Wa mer also déi jeweileg Recetten ofzielen, da kréie mer ee vill méi objektivt Bild matt folgendem Resultat:

Bei dëser Grafik gesidd Dir baussen d'Prozentzuelen vun den Dépenses ordinaires wéi se am Budget stin, am banneschte Kreess gesidd Der d'Prozentzuelen pro Service wann ech vun den Dépensen d'Recetten ofzielen, wat dann u sech dat méi objektivt Bild duerstellt.

Den Enseignement bleiwt Spätzereider, wann ee sou ka soen, elo souguer matt 32% Belaaschtung vun eisem Budget net, also praktesch 1/3.

Op déi zweet Plaz réckelt elo d'Administration générale matt 22%, doduerch, datt mer hei natirlech vill Ausgaben, virun allem Peien hun, awer kaum Einnahmen.


Un drëtter Plaz matt 12% as Logement, Aménagement du Territoire et Environnement, u véierter Plaz fanne mer matt 10% Transport et communication, an ex äquo matt enger Nettobelaaشتung vun 10% fir eise Budget fanne mer d'Prévisions sociales zréck, also esouwuel d'Altersheim, wéi d'Maison Relais, den Office Social an och d'Jugendpolitik zesummen, vu datt mer do zwar vill Ausgaben hun, awer och relativ vill Einnahmen.

Esouwält wat eis geplangten Depensen am ordinaire Budget fir d'Joer 2009 ugeet.

Wéi hun sech dës 'Dépenses ordinaires' an lässtche Joer entwéckelt?

Evolution DO / ICC+FCDF

Evolution DO (Dépenses ordinaires) / ICC (Impôt commercial communal) + FCDF (Fonds communal de dotation financière)




Mär huelen ewéi èmmer d' Referenzjoer 1992: Déi deemoleg Dépenses ordinaires si matt 100% agesat, an dat wat mer vum Staat am Joer 92 kruten als Impôt commercial an Dotation de l'Etat hu mer och als 100% gerechent, an duerno hu mer vu Joer zu Joer déi jeweileg Ännérungen prozentual agesat.

Mär gesin, datt déi 2 Linnen relativ parallel lafen, dat heescht, datt eis Dépensen ähnlech an d'Lut gaange sin ewéi d'Einnahmen déi mer vum Staat kruten. Mär gesin awer, datt d'Courbe gedréint huet, eleng duerch d'Tat-saach, datt engersäits d'Dépenses ordinaires konstant geklomme sinn, virun allem och duerch déi zousätzlech Aufgaben, déi d'Gemengen vum Staat kritt hunn, ewéi zum Beispill d'Maison Relais, datt d'Recettes ordinaires awer an de Joren 2004 an 2005 stagnéiert hunn, duerno rëm geklomm sinn, mee déi Stagnatioun vun 2 Joer net méi opgeholl hunn, an also am Resumé manner gewues sinn wéi d'Ausgaben.

Mär kommen dann zu den **Recettes ordinaires**.

2. Recettes ordinaires

Recettes ordinaires 2008 / 2009



Fir d'éischt de Gesamtiwwerbleck.

D'Recettes ordinaires sinn am Rectifié em 1,82% geklomm, dat sinn 700.000 €, woubäi ee muss soen, datt mer och nach 350.000 € manner Dotation de l'Etat an Impôt commercial vum Staat kritt hunn, ewéi versprach. Mär hunn 500.000 € aus dem Fonds de réserve geholl, woubäi een awer muss soen, datt mer der an den Dépenses ordinaires och 1.000.000 € zréck an de Fong geluet hunn, datt mer also de facto den Fonds de réserve em eng halfe Milliou opgestockt hunn.

Mär hunn also manner vum Staat kritt, konnten awer bei de Recettes ordinaires bälléeën, virun allem och well mer eis Taxen ugepasst hunn, awer och well mer 200.000 € Zënsé méi kritt hunn wéi geduet, doduerch datt mer net hu misste léine goen, an eis Suen zum deel konnte placéiert loessen.


D'Recetten fir d'nächst Joer schätze mer op 42.806.000 €. Dat ass e Plus vun bal 3 Mio. resp. 7,12%.

Där gesidd also datt d'Recettes ordinaires méi klammen ewéi d'Dépenses ordinaires, wat e gutt Zeechen ass.

D'Recettes ordinaires ginn doduerch an d'Lut, datt mer 2,5 Mio. méi Dotatioun resp. Gewerbesteier kréien, an och duerch eis Taxenupassungen am Müll an am Waasser, sou datt mer de néidege Spillraum am Extraordinaire behalen.

Wéi gesäit elo eisen Iwwerschoss am ordinaire Budget aus?

Boni ordinaire (94-2009)



Dir gesidd hei den Tableau vun dem jeweilege Boni am ordinaire Budget zénter dem Joer 1994. Déi éischt wäiss Seil ass de geplangten Iwwerschoss am Budget ordinaire, déi zweet gro Seil weist eis de Boni am Budget rectifié, an déi drëtt schwartz Seil seet dann aus wéi héich de Boni dann effektiv am Compte ass.

Dir gesidd datt dat praktesch émmer en Trapeneffet huet, doduerch datt viirsichteg gerechent gëtt.

Fir de Rectifié 2008 rechne mer matt engem Iwwerschoss am Ordinaire vun 5.348.933 €, woubäi een enger-säits déi 1,2 Mio. € muss ewech rechnen, déi mer beim Decompte vum Léierpersonal zréck kritt hunn, op där anerer Säit awer och nees 500.000 € muss dobäirechnen, déi mer an de Fonds de réserve geluecht hunn, wat dann e Nettoiwwerschoss vun ronn 4,6 Mio. € géif bedeiten. Fir de Budget 2009 gi mer vun engem Iwwerschoss vun 5.640.408 € aus. Dat ass iwwregens bei wäitem den héchsten Iwwerschoss am Budget ordinaire zenter 94 wéi der hei an der Grafik gesinn. Dat ass gutt, mee wann ee wees, datt mer net genee wëssen, wat eng Auswirkungen d'Finanzkris an de nächste Joren wäert hunn, ass et wichteg, datt mer do relativ gutt stinn, wat awer net heescht, datt mer net och an Zukunft, op eis Depense musen oppassen.

Wéi ass d'Situatioun vun eiser Schold.

Ech hunn déi méi allgemeng Erklärungen am Ufank ginn, brauch déi also net nach emol ze widderhuelen.

An engem Saz als Résumé:

Eis momentan gesond Finanzlag erlaabt eis, déi grouss Investitiounen an de nächste Joren ze realiséieren, mee et ass onengänglech, datt grouss finanziell Ersatzfuerderungen an de nächste 4-5 Joer op eis zukommen. Dofir ass eng grouss finanziell Rigueur an alle Beräicher méi wéi ubruecht. *(siehe Tabelle unten)

Merci

BUDGET EXTRAORDINAIRE GEORGES ENGEL

U mär also fir iech déi extraordinaire Ausgaben virzestellen, déi mer 2009 op Lee hunn.

Nei Projeten fir 2009

- Ausbau am Gemengenhaus mat dem Aménagement vun 7 neie Büroen, enger Réception an engem Versammlungsraum. Ausserdem gett zousätzlech Plaaz geschaaf fir Stockage.
→ 300.000 €
- Eng ganz Parti Chaudièren wärten ersaat ginn. Dat si keng groussarteg Projeten, déi no bausse glänzen, sinn awer noutwendeg Remplacementer déi och nach eiser Ökobilanz gutt dinn well déi Heizungen méi efficace a mat manner Energieverbrauch funktionnérien. Nodeems mer d'Heizung am Feyderhaus ersaat hunn ginn d'Heizungen am fréiere Schwesternerhaus an der route d'Esch (17.000 €), am Centre culturel zu Suessem (24.000 €) an am Centre culturel zu Bieles ersaat (23.000 €)
Total = 64.000 €
- Eise Service Technique gett ze kleng an dofir musse mer eis no Alternativen émkucken. Dofir stinn 200.000 € am Budget 2009. Et gi verschidde Pisten déi mer nach

* Evolution des emprunts depuis 2003

Situation au	Solde	Habit.	Par tête d'habit.	Recettes ordinaires	Annuités	% des RO
31.12.2003	10.737.789 C	14.000	767 €	30.745.549 C	1.123.289	3.65 %
31.12.2004	12.026.200 C	14.100	853 €	30.753.093 C	1.219.761	3.97 %
31.12.2005	11.864.926 C	14.150	838 €	31.385.621 C	1.348.450	4.29 %
31.12.2006	10.134.306 C	14.250	711 €	34.368.202 C	1.492.656	4.34 %
31.12.2007	9.229.567 C	14.400	641 €	38.637.746 C	1.426.040	3.69 %
31.12.2008	8.261.743 R	14.450	571 €	39.960.189 R	1.466.248	3.66 %
31.12.2009	12.259.164 I	14.800	828 €	42.806.417 I	2.000.000	4.67 %

méi genau müssen analyséieren. Dozou kann een och nach déi 25.000 € fir den Aménagement vum Detroit-Haus rechnen, wou mer och Ännernungen welle machen.

- De Bau vum Centre de secours wärt dest Joer ufänken a steet mat 700.000 € am Budget. D'Pompieren brauchen énner anerem och e neie Camion vun 10.000 Tonne fir Material mat ze huele wat en sou op engem Asaz brauch. Mer hunn och schonn eng positiv Äntwert vum Minister an der technescher Kommission dat si de Won zu 50% Subventionéieren. → 145.000 €
- Op Wunsch vun der AGORA hu mer den Terrain fir d'Schoul op Belval net schon 2008 kaft, mä mär hunn dofir déi selwecht Somme, nämlech 2.900.000 € an den Budget 2009 gesaatt an hoffen dann, dest Joer de Kaaf ze machen. 160.000 € stinn am Budget fir dass och weider um Projet geplagt ka ginn.
- Och mat der Renovatioun vun der roude Wee Schoul geet et weider. Dat ass jo e Laangzäitprojet deen sech iwwer 4 Joer zitt, wou natierlech mat den Enseignanten ausgeschafft gouf a wou am Joer 1.250.000 € virgesi sinn.
- An der Suessem Schoul wäerten fir 100.000 € e.a. nei elektresch Réseauen installéiert ginn
- An der aler Zolwer Schoul gi nei Fenstern agesaatt an de Sanitär gett erneiert. Dat ass déck noutwendeg an erlaabt eis och eis Energiekäschten erofzesetzen → 125.000 €
- Weider gett och nach an d'Informatik vun eise Schoulen investéiert → 130.000 €
- Och eise Fuhrpark gett weider erneiert oder ausgebaut:
e neien Auto fir eis Maison relais fir eis Kantinnen ze beliwweren: 40.000 €
2 nei Autoen fir d'Verdeelung vum Repas sur roues: 30.000 €
eise Service jardinage kritt Material fir 118.000 €
10.000 € fir en Auto an eisem Waasserservice a
40.000 € fir de Kanalservice
185.000 € fir eng Parti Gefierer, dorënner eng nei Kiermaschinn Total: 423.000 €

- 200.000 € sti fir déi nei Maison relais an der rue de France bereed fir dass mer fir d'Rentrée 2010 färdech sinn
- Fir de neie CIPA stinn dest Joer 2.000.000 € am Budget well et och dest Joer mam Bau soll ugoen. Och wa mer e Retard vun 2 Méint kritt hunn, ass d'Ouverture nach émmer fir 2011 virgesinn.
- De neie PAG gett och virbereed. Och wann et menger Meenung net méiglech wäert sinn, dass de MInistère den Délai net wäert oprocht hale kennen, well se 116 PAG-en net wäert verschafft kréien, schaffe mer awer weider un desem Projet → 100.000 €. Grad esou ass et mat dem Ausschaffe vum PAP um 2.Deel vum Woeller → 50.000 € an och fir d'Planung ronderem d'Gemeng → 60.000 €
- 1.650.000 € si virgesinn fir Terrainen oder Häiser ze kafen, déi mer kenne gebrauchen. Hei wäerten sech am Kader vum Pacte logement nei Opportunitéiten opdinn an dofir ass dese Posten och eropgesaat ginn. Haapsächlech geet et awer em den Terrain Eck rue des Champs/route d'Esch, Terrainen an der rue Scheierhaff a niewent dem Cipa an en Haus fir d'Maison relais
- Nodeems mer um Galgebierg e Konzept ausgeschafft hunn, hu mer elo 50.000 € virgesinn fir d'Emsetzen vun desem Konzept
- Mam Projet Boulodrom, mam Parking ronderem a mam Accès geet et 2009 un fir 500.000 €
- Am Kader vun eisem Projet fir gesond lessen gett an de Gärt vum Suessem Schlass mat der Kollaboratioun vu Colabor Geméis ubegebaut an och an eiser Maison relais verschafft
- An der Cité Gewaenchen zu Eilereng gett eng naturno Spillplaaaz ugeluecht mat eng Parti Iddien aus dem Eilereng Schoulhaff → 100.000 €
- Op eise Kierfechter hu mer jo elo an all Duerf eng Streewiss. Fir och weiderhinn de Wünsch vun de Leit entgéint ze kommen, gi weider Kolum bariumen gebaut: 230.000 €
- Ennert der Rubrik Canalisation et Station épuration ginn och dest Joer erem vill Suen investéiert: am ganzen 2.391.870 € dorënner haapsächlech Reparaturaarbechten, de Kanal an der Cité 2000, an der rue de Differdange, dem Bassin d'orage an dem Canal de rétention an der rue de l'usine an an der rue du Brill, dem Uschloss un de SIVEC an ausserdem de Kanal an der rue de l'église an der rue Belle-vue zu Zolwer andem Fenkelbierg zu Bieles
- 1,1 Millioun € ginn an eise Waasseréseau investéiert mat de selwechte Stroossen wou och de Kanal an d'Rei gesaat gett. Eis Suen déi duerch d'Waasser- an d'Kanaltax erakommen ginn also erem an eise Réseau

investéiert. Am ganzen ginn also 3,5 Mill. € a Waasser - a Kanalréseau investéiert.

- Souwuel am Centre culturel zu Suessem wéi och zu Bieles gett e Monte charge ubruecht fir de Veräiner d'Aarbecht ze erlichteren.
- No Bieles wäert och Suessem säin syntheteschen Terrain a nei Lute kréien, (100.000 €) an och zu Eilereng wäerte mer d'Vestiairen erneieren.
- De Boulodrom wäert eis och dest Joer Sue kaschten → 745.000 € stinn am Budget
- Och um Scheierhaff geet et weider: 750.000 € fir d'Renovation an 400.000 € fir de Neibau
- Och an eiser Rei vun den Investissementer an eise Kiirchen wäerte mer, nodeems mer mat dem Suessem Kiircherot zesummekoumen, 100.000 € an d'Suessem Kiirch investéieren. An d'Paschtoueschhaus zu Zolwer kritt hannenaus eng nei Fassade.
- Mär fueren och weider mat eisem Ausbau vun de Veloswéer, souwuel dat vun eis ausgeschaffte Konzept wéi och d'Liaison téschent Uewerkuer a Bieles → 166.000 €
- An d'Verkéieresberouegung gi welder 145.000 € gestach, 245.000 € an eis Etude de jalonnement
- Waat eis Stroesseninfrastrukturen uginn, hu mer jo all zesummen e Plang opgestallt, deen en Invest vun 50 Mio. € virgesäit op déi nächst Joeren. Et ass jo kloer, dass mer desen Invest hu missen opdeelen, an dofir och Prioritéiten misse setzen. Nodeems den Tippewee quasi färdech ass an och d'rue du Knapp e neie Belag kritt huet, konnt der am Budget gesinn, dass mer eis fir 2009 fir eng Rei vu Stroessen entscheid hunn:

Eng komplett Renovatioun kritt:

- rue de l'église an d'rue Belle-Vue zu Zolwer
- rue Dennebesch zu Zolwer
- de Fenkelbierg mat senge sellechen Stroossen zu Bieles
- d'route d'Esch zu Eilereng; d'Escherstrooss zu Bieles muss zereckgesaat ginn, aus verkéierteschneche a finanzielle Grénn (de Projet soll téschent 4 a 5 Milliounen € kaschten a stellt eis virun verkéierteschneche Problemer, déi mer elo nach net léise kënnen.) Ausserdem kënne mer net déi 2 Weeër op Esch mateneen zoumachen.

Deelweis renovéiert gett:

- zu Suessem kritt d'rue du château bis bei d'Velospist e neie Belag
- nei Trottoiren an e neie Belag fir d'rue Robert Schumann an d'rue Winston Churchill
- de Kanal an de Belag an der rue des alliés zu Bieles; dese Projet ka sech awer och bis op 2009 zéien.

Ausserdem sti fir 2010 folgend Stroossen um Programm:

- rue du Moulin zu Suessem
- rue Belair zu Bieles
- rue de Hüssigny zu Bieles
- Cité Kaufmann

Et sinn dest déi Stroossen, déi mer och als prioritär fir se an d'Rei ze setzen, festgehal haten. Net all, awer déi meeschtf. Des Stroossen ginn ganz oder zum Deel frësch gemach. Méi Stroossen sinn an der momentaner finanzieller Lag net dran.

Dat also zum Budget 2009:

Nodeems mer hei am Gemengerot de pacte logement majoritär ugeholl hunn, kënne mer eis op eng Rei vun Einnahmen an desem Kader freeën. Dat erlaabt et eis, an Zukunft eng Parti Projeten méi zouversichtlech unzegoen.

De Budget 2009 ass e Budget mat dem neidege politische Courage, mat der noutwendeger finanzieller Kraft fir eis kleng a mëttelstänneg Betriiber, mat de richtige Projeten fir eis Bierger, mat der noutwendeger Wäitsicht a Virsicht, ouni eis awer ze blockéieren.

Och mär wëssen, dass een émmer nach kéint a vläit och misst méi machen.

Dofir brauch een awer dann och méi Suen.

Där hutt eis Einnahmen gesinn. Bis e Freiden hu der alleghuer Zäit nach Ännernungen ze proposéieren, déi awer och da finanzéiert musse kënnen ginn. Da musst der och all Fuarw bekennen a soen, welche Projeten der gingt ewechloosser oder hannendrun stellen.

De Budget 2009 bréngt eis eisem Zil méi no, eng liewenswäert Gemeng ze hunn an där et sech agréabel Wunnen léisst a wou déi Leit, déi et och wëllen, kënnen zefridde ginn.



Procès-verbal des votes

du Conseil Communal de Sanem de la séance publique du lundi, 19 décembre 2008

date de l'annonce publique: 12 décembre 2008

date de la convocation des conseillers: 12 décembre 2008

début: 17h00

fin: 19h50

Présents:

M. Engel Georges, président,
Mme Asselborn-Bintz Simone, Mme Cecchetti Myriam, M. Conter Raymond,
M. Diels Johny, M. Goelhausen Marco, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie,
M. Piscitelli José, Mme Reuter-Angelsberg Dagmar, Mme Reuter-Bauler Carine,
M. Rings Robert, M. Schroeder Nico, Mme Speck-Braun Patricia, M. Sunnen Fred.
M. Theisen Luc, secrétaire communal.

Absent(s) excusé(s):

Néant

Premier votant:

M. Conter Raymond

Monsieur Rings et Monsieur Sunnen n'ont pas pris part au vote des points 9.b. et 10.

La séance a été interrompue de 18h30 à 18h50.



Ordre du jour

Le collège échevinal demande au conseil communal de bien vouloir approuver l'ajout à l'ordre du jour des points 9a et 9b.

Le collège échevinal propose au conseil communal de reporter les points 3 et 9 de l'ordre du jour à une séance ultérieure. Les dossiers respectifs n'ont pas pu être préparés dans les délais.

Vote unanime

1. Correspondance et Informations.

PROJETS

2. Nouvel éclairage des passages pour piétons dans la rue de la Poste, la rue de l'Usine et la rue de France à Belvaux. Projet définitif détaillé: 62.100,00 € (4/1212/2133/080)

Vote unanime

AMENAGEMENT COMMUNAL

3. Approbation (premier vote) d'un projet d'aménagement particulier (No 04/05) - Quartier Belval Nord – Parc Belval Nord.

Point retiré de l'ordre du jour

PERSONNEL - ADMINISTRATION COMMUNALE

4. Fixation du nombre des emplois des différentes fonctions du cadre fermé prévu pour les diverses carrières.

Vote unanime

PERSONNEL - MAISON RELAIS

5. Création d'un poste d'éducateur gradué (m/f) à tâche complète dans le cadre des heures EBS.

Vote unanime

6. Création d'un poste d'éducateur diplômé (m/f) à tâche complète pour les besoins du service 'RASE'.

Vote unanime

7. Création d'un poste d'aide-éducateur (m/f) à mi-temps.

Vote unanime

8. Création de 3 postes de réserve d'éducateur diplômé (m/f) à tâche complète.

Vote unanime

DIVERS

9. Dénomination de rues.

Point retiré de l'ordre du jour

- 9.a. Approbation d'un compromis d'échange avec le sieur Holcher René concernant l'échange sans souffle de deux parcelles de terrain sises à Belvaux de 4 centiares (numéro cadastral 283/7774, lieu-dit «rue des Alliés», place, section C de Belvaux) respectivement 3 centiares (numéro cadastral 285/7777, lieu-dit «rue Grande Duchesse Charlotte», place voirie, section C de Belvaux).

Vote unanime

9.b. Modification des représentants de différents commissions et syndicats

- a. Monsieur René Hertel est nommé président de la commission de la circulation en remplacement de Monsieur Raymond Conter, démissionnaire.
- b. Monsieur René Hertel est nommé membre de la commission des bâtisses en remplacement de Monsieur Raymond Conter, démissionnaire.
- c. Monsieur René Hertel est proposé comme représentant de la commune dans l'asbl CIGL en remplacement de Monsieur Raymond Conter
- d. Monsieur René Hertel est proposé comme représentant de la commune dans l'asbl Syndicat d'Initiative de la Commune de Sanem en remplacement de Monsieur Raymond Conter
- e. Monsieur José Piscitelli est nommé comme représentant de la commune de Sanem dans le syndicat intercommunal SIVEC en remplacement de Monsieur Raymond Conter, démissionnaire.

Vote unanime

10. Règlements de circulation.

Confirmation d'un règlement temporaire d'urgence concernant la mise en place d'un container sur la voirie publique dans la rue des Tilleuls à Soleuvre, pris par le collège échevinal dans sa séance du 18 décembre 2008.

Vote unanime

11. Questions et divers.

- a. Question introduite par les conseillers Johny Diels, Mike Lorang, Nathalie Morgenthaler, Carine Reuter-Bauler et Fred Sunnen (CSV):

Un de Schäfferot vun der Gemeng Suessem

Gemäss dem Artikel 25 vum Gemenggesetz vum 13. Dezember 1988, erlaabt eis Äech an der Sëtzung vum 19. Dezember 2008 folgend Froen ze stellen:

Mär hu matkritt dass de Fussballsterrain zu Bieles an engem ganz schlechten Zoustand ass, jo esouquer bei schlechtem Wieder net méi bespillbar ass. Dësläscht huet esouquer dowéinst ee Match missten ofgesot ginn.

1. Wat ass d'Ursaach dovun? Ass eppes net méi an der Rei (futti)?
2. Kann nach drop trainéiert ginn a wat méi wichteg ass, kann d'Championnat dës Saison iwverhaapt fäerdeg gespillt ginn?
3. Wann nüt, gëtt et eng Auswäichméiglechkeet?

Uganks nächst Joërl soll jo de «service électricité» seng Uarbechten ophuelen.

1. Wéi gesäit deen neien Organigramme vun dësem Service aus?
2. Gëtt dat een eegestännege Service oder ass en un een aneren aus dem Service technique ugegliddert?

Am viraus Merci, mat eise beschte Gréiss,

d'CSV-Fraktioun,
Johny Diels, Mike Lorang, Nathalie Morgenthaler, Carine Reuter-Bauler
a Fred Sunnen

Réponse du collège échevinal:

1. D'Ursaach dat den Terrain an engem schlechten Zoustand ass, ass dat während der ganzer Woch drop trainéiert oder gespillet gëtt. No den Informatiounen vum Fussballsclub geet dat 2 bis 3 Mol an der Woch vu Mëttes 3 Auer (Bambiniën a Pupillen) bis Owes 9-10 Auer (Senioren), souwéi nach d'Weekender fir d'Matcher. Ennert deene Konditiounen an dann nach béri esou engem Wieder wéi am Moment packt och dee beschten Terrain esou eng Belaaschtung net?
2. Drop trainéiert ka schon gi mä dat dréit net zur Verbesserung vum Zoustand vum Terrain béri. Dat wat mer elo virgesinn hunn ass den Terrain richt ze schleefen. Weider Moosname sin mat deem Wieder (Schnéi a Reen) schwéier méiglech an net ganz sënnvoll.
Bis elo si mer nach net vum Veräin kontaktéiert ginn betreffend dat sie d'Championnat a Gefor géinge gesinn.
3. Fir den Terrain e bëssen ze entlaaschten, hate mer d'Idee fir vläicht ze kucke mat deene ganz klengen ob den Terrain hannert der Schoul2000 aus ze wäichen. Do muss een just kucke wéi et mat der Belichtung steet, well des soss och just bis 4, halwer 5 méiglech wier. Op een d'Championnatsmächer kann verleen hänkt vun der Collaboratioun an dem gudde Wëllen vun esou wuel deenen aneren 2 Klibb aus der Gemeng of wéi och dem jeweilegen Géigner.

Jiddefalls wéi der jo wëst ass dëst Joer dat leschte Joer wou zu Bieles op Graass gespillet get. D'Arbeschten fänke nom leschte Mäatch un fir de syntheteschen Terrain ze aménagéieren.

1. Wéi schons ugekënnegt hu mer ab dem 1. Januar eng Elektriker-Equipe. Déi funktionnéiert mat 2 Leit dem Eric Bettini an dem Alberto Bargagna. Den Här Bettini kritt d'Chance fir bannent 2 Joer eng Meeschterprüfung firzeweisen déi noutwendeg ass fir kennen um Elektresche Réseau ze schaffen. Bis dohin stellt den Här Jos Mathieu eisen Emweltberoder dee Schäin. Hien ass Ingénieur technicien an der Elektro. Den Här Bettini kennt net an d'Meeschtercarrière mä an déi vum Chef d'équipe fir de Fall wou hien sech beweist an seng Meeschterprüfung och packt.
2. D'Equipe u sech get an en neie Beräich vum Service technique intégréiert wou all déi Equipen eremzefanne sinn déi fir den Entretien vun de Gemengegebaier zoustänneg sinn. Dëss Equipe ginn natierlech och vun engem Meeschter geleet. Mir sinn momentan am gang eng nei Organisatioun fir den Service technique op d'Been ze stellen. Déi ass nach net 100% faerdeg. Dat soll am Januar de Fall sinn. Do müssen nach d'Personaldélégatiounen em hier Avise gefrot ginn an d'Personal natierlech och iwwert déi nei Organisatioun informéiert ginn.

BUDGET

- 11.b. Question introduite par les conseillers Johny Diels, Mike Lorang, Nathalie Morgenthaler, Carine Reuter-Bauler et Fred Sunnen (CSV):

Suessem, den 18. Dezember 2008

Un de Schäfferot vun der Gemeng Suessem

Am Numm vun der CSV wollt ech froën, ob et méiglech wier, e puer Explicatiounen zu verschiddene Budgetsartikelen ze kréien.

Dépenses ordinaires

1. S.72 Artikel 06/0660/6240/002 Wiesou ass erëm esou eng héich Somme agesat ginn wéi 2008, obschon némmen knapps 1/10 dovun ausbezuelt gouf? Wiesou gouf esou wéineg ausbezuelt?
2. S.83 Artikel 08/0800/6170/004 Wat bedeit die „participation activités Rockhal“, déiennert dem „Mérite culturel“ agedroen ass?
3. S.97 Artikel 13/1390/6921/001 Wiesou gët de „Fonds pour dépenses communales“ em ongefíer dat 4,5fach vergréissert?

Recettes extraordinaires

- S.102 Artikel 07/0720/1499/001 Em watfir ee Remboursement (€ 100.000) handelt et sech do?

Am viraus villmols Merci fir Äntwerten.

D'CSV-Fraktioun

Johny Diels, Mike Lorang, Nathalie Morgenthaler, Carine Reuter, Fred Sunnen

Réponse du collège échevinal:

1. Den Artikel heescht Jeunes Chômeurs. Hei faalen d'CATen drënner. A well mam neie Gesetz de CAT reforméiert ginn ass an elo éichter an engem Betrib am Secteur privé eng Zousatzausbildung maachen haate mer fir dëst Joer némme nach Kontrakter déi ausgelaaf sinn.
Mir wëllen eis dem Problem vun der Jugendarbeitslosegkeet net verschléissen an hun dofir awer Sue virgesinn ouni dat mer elo genee wëssen op mer Leit kréien oder net.
2. Déi ass verrutscht an gehéiert zum Artikel uewendriwwer. Mir wollte Suen réservéieren fir méigelech Aktivitéiten a Collaboratioun mat der Rockhal.
3. Mir haten eis och dorriwwer gewonnert an kruten vum Ministär als Erklärung dat 90.000 € vun deene Käschten Fraise vum Congé politique wieren wou d'Patronen rembourséiert ginn. An de Congé politique soll jo eropgesat ginn.
4. Mir hun als Gemeng d'Initiativ iwwerholl fir d'Extensioun vun der Aktivitéitszone beim Reitstall zu Zolwer ze dirigéieren. Déi Fraisen déi do fir planeresch Arbeschten enstinn sollen awer op all d'Propriétaires verdeelt an eis rembourséiert ginn. Well d'Extensioun awer vum neien Accés fir bei d'Untersuchungshaftanstalt ofhánkt ass de Projet esou lang am Suspens bis mer wëssen wou den Tracé vum Accés hikennt

12. Approbation du budget rectifié de l'année 2008.

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	39.960.189,37	5.333.604,70
Total des dépenses	34.611.255,58	17.495.367,03
Boni propre à l'exercice	5.348.933,79	
Mali propre à l'exercice		12.161.762,33
Boni du compte 2007	9.321.469,49	
Boni général	14.670.403,28	
Mali général		12.161.762,33
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	- 12.161.762,33	+ 12.161.762,33
Boni présumé à fin 2008	2.508.640,95	

Vote(s) positif(s): 8	Vote(s) négatif(s): 7
Asselborn-Bintz Simone, Cecchetti Myriam, Conter Raymond, Engel Georges, Goelhausen Marco, Piscitelli José, Reuter-Angelsberg Dagmar, Rings Robert	Diels Johny, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Reuter-Bauler Carine, Schroeder Nico, Speck-Braun Patricia, Sunnen Fred

13. Approbation du budget de l'année 2009.

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	42.806.417,00	14.692.909,10
Total des dépenses	37.166.008,87	22.540.350,55
Boni propre à l'exercice	5.640.408,13	
Mali propre à l'exercice		7.847.441,45
Boni présumé fin 2008	2.508.640,95	
Boni général	8.149.049,08	
Mali général		7.847.441,45
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	- 7.847.441,45	+ 7.847.441,45
Boni présumé à fin 2009	301.607,63	

Vote(s) positif(s): 8	Vote(s) négatif(s): 7
Asselborn-Bintz Simone, Cecchetti Myriam, Conter Raymond, Engel Georges, Goelhausen Marco, Piscitelli José, Reuter-Angelsberg Dagmar, Rings Robert	Diels Johny, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Reuter-Bauler Carine, Schroeder Nico, Speck-Braun Patricia, Sunnen Fred

SEANCE A HUIS CLOS

PERSONNEL - CIPA

14. Nomination d'un éducateur (m/f) à mi-temps et à durée indéterminée, sous le statut du CCT-SAS, carrière PE5.

Est nommé(e):
Tria Claudia

PERSONNEL - MAISON RELAIS

15. Augmentation de tâche de 11 aide-éducatrices de 15 à 16 heures.

Nom	Prénom
BÄCKER KOLLMESCH	Chantal
FRIESEISEN BARTH	Simone
KIEFFER SIMON	Michèle
KOSTER DIETZ	Christiane
KUNNERT REISDORFF	Milly
PETTINGER KNEBELER	Carmen
SCHNEIDER BETTI-SORBELLI	Sylvia
THEIN	Chantal
THILL SCHMIT	Patricia
VISPI MENDICHI	Nadia
WIRTZ WEBER	Sonja

Approbation

SEANCE SECRETE

INDIGENAT

16. Options et Naturalisations.

Avis favorable.



Gemeinderatssitzung Sanem vom 19. Dezember 2008

Stellungnahmen zum Budget 2008/2009

STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2008/2009 SCHROEDER NICO (ADR)

Här Buergemeeschter, Kolleegen a Kolleginnen,
Ech wor an de leschten Wochen émmer erem erstaunt
ze héieren, wéivill Milliarden zu Létzebuerg, an och an
den Nopeschlänner nach an den Tirâng vun de Regier-
ungen géngen leien, fir Deenen ennert d'Ärm ze greifen
déi EIS Souen aus iwwerdriwwener Geldgier verspillt hunn.
Bei de Gemengen an de Privatleit wor de Staat méi
knauserech.

Dass de Staat bereet ass Milliarden fir d'éischt an
d'Banken, an dann an d'allgeméng Wirtschaft ze pom-
pelen, ass zwar ob eng Manéier berouegend, ass awer
och ee séchert Zeechen vun enger Krise an déi mier am
gaangen sinn eran ze schlidderen. En anert Zeechen, dat
eis och direkt betréfft, ass de Fait, dass eng Retsch vu
Firmen, Betrieber an esouquer d'Stohlwierker an d'Walz-
stroossen iwvert Wochen ausser Betrieb gesaat gi sinn.
Ob dat elo aus reellen finanzielle Schwierigkeete geschitt
oder wéll Trittbrettfahrer och nach dee leschten Euro
klaue wëllen wësse, mer net...fir di concernéiert Leit ass
et jiddefalls eng Katastrophe.

Dat ganzt huet natirlech e groussen Afloss op den Staats-
budget vum nächsten Joer, an ganz sécher dorriwwer
eraus. Schlëmm ass, datt d'Regierung, an der Chamber
e Budget presentéiert deen énner émstänn ganz weit
vun der Realitéit ewech läit.

D'Recette vun der Gemeng hänken nun awer emol ganz
staark vun deenen vum Staat of. De Gemengebudget
baséiert normalerweis och op enger Circulaire vum Innen-
minister di eis seet, wat mer als Finanzsprétz vum Staat
erwaarde kënnen. d'Gemeng lieft haaptsächlech vun
deser Finanzsprétz. An di Zuelen déi an deser Circulaire
stinn, sinn genau esou onsécher wi déi am Staats-
budget! Dofir wier ech frou, wann de Schäfferot ons
kéint ganz kloér soën ob eise Gemengebudget op déi

réel Situatioun opgebaut ass oder hu mier blanne-
männches d'Zuelen vum Innenminister iwverholl? Da
kann de Problem vum Staat, wann mir net oppassen,
ganz schnell och eise Problem ginn!

Net némmer de Staat an d'Gemengen kréien d'Kris
ze spieren, mee och déi sougenannte „kléng Leit“ oder eis
Bierger. Nach méi wie soss si mir also gefuerdert, fir mat
eisen Gemengentaxen lues ze maachen. Am béschten
missten si elo agefruer oder esouquer erof gesaat ginn -
wi dat och bei de Banken an an der Wirtschaft gemeet
gett fir si ze entlaaschten. All Minister huet dat an der
leschter Zait gesoot an de Gemengen un d'Häerz geluet.

Et ass dofir och onverständlech, dass d'Regierung a
Gemengen, énnert dem Pretext vun énger europä-
escher Direktive, elo de Waasserpräis zu Létzebuerg
wéllt „harmoniséieren“, dat wéllt héschen - d'Präiser an
d'Lut ze drécken. Och hei eng direkt Fro un de
Schäfferot: wéi gesinn an d'Zukunft d'Präisser an Taxen
fir eis Matbierger an der Gemeng aus, a wat fir Moss-
nahmen sinn virgesinn fir d'Haussen fir déi kléng Akom-
messen ofzfiederen?

Dat wier eng gutt Geleeënheet fir lech Här Buergemeeschter
fir nach eng kéier iwvert Är Taxen a Präisser
nozedenken a fir de Leit entgéint ze kommen.

Dir sidd elo bal 3 Joer a fonctioun; an an deenen 3 Joer
hutt Dir dat Eent an dat Anert Positives ereesch,
mee an deenen 3 Joer

- ass och de Waasserpräis an der Gemeng em 30%
erop gesaat gin a klemmt nach weider op 2.50.- bis
zur Kostendeckung, obschons d'Obligation fir kost-
tendeckend ze sin nach net a Kraaft ass. Mer sin elo
schon bal kostendeckend bei Kanal-Müll-Wasser -
nächst Joer gesitt Dir esouquer schon e benefice am
Budget vir.
- d'Kanaltaxe ass erop gangen (1.00 op 1.22.-)
- de Präis fir de Müllservice ass geklommen an Taxe fixe
vun 136.- € op 158.- € geklommen

- de Lokationspräis am CIPA (fir Schlofen an lessan) ass 3 mol eropgesaat gin an un den Index gekoppelt gin. Et geet nach Beispiller.

Och dat gehéiert zum Budget, an dovunner ass keen Wuert bei Ärer Présentatioun gefall.

d'Gemengen hunn virun allem eng sozial Vokatioun. Besonnesch an dessen Zäiten. Emmer méi Leit geet et schlecht, esouguer deenen di nach Aarbecht hunn, dofir génge mär eis wénschen et géng nach méi dono gekuckt gin an net nemmen „Kostendeckung“ an „Benefice“ ugestrieft gin wéi an der Privatwirtschaft. De Begreff „Kostendeckung“ huet dat Wuert „sozial“ schons bal verdrängt.

Dass hei an der Gemeng am Joer 2008, an och schon virdrun, e puer gutt a néidech Projeten geplangt, geheet oder färdeg gemeet gi sin, welle mer net ofstreiden - besonnesch wichteg schéint eis de Bereich Kannerbetreuung-Schoul-Spillplazén, an och an aneren manner spektakuläre Beräicher, sin Souën investéiert gin an och eng Rei wichteg Ännernungen (net baulecher Natur) si virgeholl gin. Mir si frou dass dat geschift ass. Vill dovunner huet den ADR och matgedroën.

A während et de Leit no an no méi schlecht geet, zielt Dir eis wéi gutt Är Gemengekees ass, an wéi kléng d'Schold ass.

Et stemmt zwar, eis finanziell Situatioun ass net schlecht an d'Prokappverschöldung (571.- €/Awunner) ass niddereg.

Mé wa mir Enn 2008 finanziell gutt do stinn,

- ass dat och well Dir z.B. ganz vill d'Stroossen di am schlechten Zoustand sin, an alles wat dozou gehéiert, Trottoir-Kanal-Geliits, nach net a Stand gesaat hutt,
- well vill grouss an deier Projeten di schon éiweg am Gespréich sin - an schons lang hätte misse réaliséiert sin, awer nach net gemeet gi sin,
- wéll mer onerwaart (!) 1.450.000.- vum Staat zeréck bezuelt kruten als Kompensatioun fir d'Enseignants Káschten ze kompenséieren,
- wéll all Präisser an Taxen di an den Budget fléissen permanent erop gange sin.

Mer gesinn di finanziell Situatioun also nemmen bedingt positiv:

z.B. sin némmeen 3 Kanalisatiounspojeten réaliséiert gin an de leschten 3 Joer wou Dir um Rudder sidd - an nemmen 4 bis 5 haaptsächlech kléng Stroossen an d'Rei gesaat gin, an der Prioritéitelëscht déi mam Service technique

opgestallt gin ass, sin awer iwwer 30 opgezielte Stroossen oder Plazén, mat kléngen a groussen Aarbechten di nach ze mache sin, vun Stroossebelag, Kanalisatioun, Wasserleitung a och Beleuchtung.

Do kennt nach en décken Batz Aarbecht op lech zou fir dat an absehbarer Zäit nach ze réaliséieren wéi Dir et versprach hutt. Géng der dat maachen wat der versprach hutt, an wou d'Bierger schons lang en Usproch drop hunn, wier Äre Bilan net esou gutt an Är Pro-Kapp-Verschöldung do wou deenen aneren hier och ass. Wien net baut huet kéng Schold - méi wien kéng Schold mécht kritt net gebaut.

Eis wier et jiddefalls léiwer mer hätten e besse méi Schold a mer wieren mat den Projeten di nach ze réaliséieren sinn an di deelweis schons lang an der Diskusiou sin méi weit fortgeschratt.

Sécherlech sin d'Stroossen net alleng wichteg an dat eenzept wat muss an der Rei gehale gin. Vill Projeten déi Dir am Budget opzielt, an déi 2009 solle kommen, si schon esou al - an nach net gemeet, an emmer erem nei am Budget - dass mer och dess Kéier net vill Hoffnung hunn, dass och wirklech vill geschift.

Stechwuert Entwecklung: eis Gemeng kritt mam Belval ganz schnell eng aner Nues. Op d'lang Weil bréngt dat secherlech néi Recetten iwwert dotation de l'Etat an de Pacte logement eran, mee mier müssen elo oppassen dass mier net zevill, an net ze lang müssen rieseg Sommen investéieren an esouguer virstrecken.

Mer fäerten esouguer, dass an nächster Zukunft eis ganz Reserven an och eis Kreditföhchekeit ob deen neie Site fléissen an dass déi Leit di schons mei lang an der Gemeng wunnen, och nach lang op di versprache Verbesserungen an hieren jeweilegen Uertschaften waarde müssen, an eis 4 Uertschaften drënner ze leide kréien.

Et geet jiddwerfalls drëms fir an nächster Zukunft d'Geld wat disponibel ass richteig auszeginn a gerecht ze verdeelen an net op falsch Pärd sätzen.

An eisen Aën géschitt dat awer deelweis an et gin falsch Prioritéiten gesaat .

- Ech nennen do deen groussen Invest fir d'Vélopisten déi durch d'Gemeng „gemolt“ gin, wou alleng Phase I, Etappe I eis 416 000.- euro kascht an et geet eréischt un. Wéivill Phasen an Etappen kommen nach no? Desse Projet wor ni eng Prioritéit, wéi schnell ass en awer virun allen aneren réaliséiert gin.

- Ech schwëtzen vun enger Rei vun deieren Etuden di net onbedingt hätte misse sin, z.B. eng Etude fir d'Identitéit vun eiser Gemeng festzeléen (?) ... oder e Konzept zur Emännerung vum Gaalgebierg. Neischt géint e besseren Aménagement vum deem Site, mer sin awer der Meenung dass och eis eegen Servicer (technique-écologique-espaces verts-cig) déi de Site ganz gutt kennen dat och hätte mache können. Et schéint wi wann keen méi wéilt Verantwortung iwwerhueulen an dofir alles un en deiere Buro d'études weider geleet gett.
- Ech schwëtzen vu emmer méi a méi deieren Publcatiounen, trotzdem koum de Gemengebulletin mat der Gemengerotssitzung vum Mai eréischt den 20. November (!) an eis Bréifkescht. Dann ass et kéng Informatioun méi, mé e flitt an den Offall.
- Mir engagéieren Architekten di de Culot hunn sech Honorairen ze froën fir hier eegen Fehler ze korrigéieren - ee Beispill Morgue zu Zolver. Do geet de Schöfferot vill ze liichtfankeg mam Geld em.
- Ech schwëtzen vun méi héigen Baukäschten déi durch d'Verschléfen vu Joer zu Joer vun groussen Projetën entstinn an doudoueger emmer méi deier gin.

Ech weess, dass et méi liicht ass ze kritiséieren wéi et selwer ze maachen, mé ass eng passend Kritik nöt konstruktiv? Heiansdo funktionnéier dir jo gären wéi an der Privatwirtschaft - wou et dat do an enger sériöser Firma net géng gin. An dëse Fall wier et sécherlech ubruecht eist Geld besser ze verteidegen. Do kann ee vill Souën aspueren a besser verwärten.

Wann d'Gemeng Leit astellt ass dat sécherlech noutwendeg, an et ass am Allgeméngen besser et gett agestallt wéi entlooss. Dat ass awer en Engagement iwwer Joerzéngte deen den ordinäre Budget staark beblaascht. Wa keen Iwwerschoss am ordinaire Budget ass, ass keen Spillraum méi do fir Politik ze machen. Dofir hu mer och den Projet „ATOZ“ matgestëmmt - deen eis soll zu all Moment soll opklären iwwert Konsequenzen déi durch d'Astelle vun Personal oder durch nei Awunner fir eis entstinn. Leider krute mer och dëst Joer kéng Zuel, kéng Previoun, kéng Informatioun. Der stellt awer weider an sou dass et schwéier ass ze gesinn wou mer am ordinäre Budget hin steieren a wéi lang mer nach Iwwerschoss hunn. Vielleicht klappt et jo d'nächst Joer? Et schéint wi wann dëst Joer nach eppes wéi e Virus dran wier.

„Hartnäckige Viren erfordern hartnäckige Virologen“ - an och mär wärden dohannert bleiwen.

Ofschléissend well ech bemierken, dass eng Rei vun Projeten selbstverständlech eis voll Ennerstëtzung hunn (wann se dann gemeet gin), et ass och sécherlech net deen schlechste Budget deen mir bis elo hei virgeluegt kruten, mé carte blanche fir de gesamte Budget kenne mer lech net gin ... an dofir stemme mer aus genannte Grénn de Budget **net** mat.

Den Leit aus der Administratioun, déi un dessem Budget geschafft hunn félicitéiere mer selbstverständlich fir hier gutt a korrekt Aarbecht déi si all Joer fir eis machen.

Nico Schroeder (ADR)
19.12.2008

CSV-STELLUNGNAHM ZUM BUDGET RECTIFIÉ 2008 CARINE REUTER-BAULER

Déi aktuell Finanzkris huet eis alleguer veronséchert a bis haut ass net virauszegeissinn wou mer histeieren. Als Gemeng hu mer d'Verflichtung de Leit weider ee gudde Service ze bidden an d'Liewensqualitéit z'erhalen. Fir dëst an dësen Zäiten z'erreechen muss awer mat Virsichtegkeet a Wäitsiicht geplangt ginn.

Déi virrécht Majoritéit huet schon deemoos mat der néideger Virsichtegkeet geplangt a konnt domatt hiren Nofolger eng gesond Finanzsituatioun hannerloossen.

Den 1. Schäffen huet wuertwiertlech gesot dass eis finanziell Situatioun ganz gesond ass wat d'Konsequenz vun enger virsichteger Politik ass an dat beweist dass d'Politik an eiser Gemeng an de läschte Joären net esou falsch gewiescht ka sinn. A well den Här Rings scho virdrun am Schäfferot wuar, si bestëmmt net némmen déi 3 läscht Joeren domatt gemengt.

Wann d'Prokappverschöldung haut bei ronn 572 € läit, dann huet dat och domatt ze sinn dass déi heiteg Majoritéit och ee gutt geféllte Fonds de réserve virfont huet ob dee se konnt verstärkt zeréckgräifen an do duerch keen Emprunt huet misste maachen.

Déi aktuell Majoritéit huet a senger Budgetspresentatioun e Méinden eng ganz Rei Projeten opgezielt déi 2008 endlech färdeg gestallt konnte ginn. De Buergermeeschter huet gemengt d'Majoritéit wär houfreg ob d'Leeschtunge vu deenen 3 läscht Joeren.

Dobäi wöll d'CSV-Fraktiouen bemierken dass een heibäi net däerf vergiessen, dass et sech bal ausschliisslech ém Projeten handelt, déi déi virrécht Majoritéit ugeduet an esouguer schon an d'Wee geleet huet.

Fir der just e puer opzeielen: de Kulturschapp, d'Vestiaire vum Bieleser Fussball, den Ausbau vun der Gemeng, de Centre d'Intervention, d'Renovatioun vun de Schoulen, den neie CIPA, den Tippewee, den Uschloss vun der Bieleser Kläranlag un de SIVEC asw asf.

De Schäfferot ass och esou houfreg dass se am extraordinaire Budget an de Limite bliwwen sinn. Mee et muss een awer feststellen, dass eng ganz Rëtsch vu Projeten guer net ugefaange gi sinn (z.B. d'Vergréisserung vun de Vestiaire vum ST, d'Héisénger Strooss), anerer si méi deier ausgefall wéi geplant (z.B. den Ausbau vun der Gemeng, d'Jugendhaus vu Suessem). An dat nennt de Buergermeeschter dann ee realistesche Budget 2008??

Vum President vun der Finanzkommissioun ass d'Oppositioun virun 2 oder 3 Joer beléiert ginn, elo géif am Extraordinaire endlech emol no de règles de l'art gewirtschaft, vun elo un, oder ganz geschwénn, wär um Enn vum Joer alles, oder bal, opgebraucht, wat am Ufank vum Joer als Ausgaben an den Extraordinaire geschriwwen gi wuar. Elo wär et endgültig eriwwer mat deenen onrealistischen Zuelen, deem iwver den Domm plangen oder wat en net nach alles gebraucht hat, fir d'Conselljeeën ze beléieren. Datt him an dem Schäfferot an der Tëschenzäit d'Knéie wackeleg gi sinn, beweist, datt se en externe Büro beoptraagt hunn, fir ze hëllefen, e realistesche Budget ze rechnen. Ob mat oder ouni spezialiséierte Büro: Den Ënnerscheid téscht den Ausgaben am Extraordinaire am Budget Initial an dem Budget rectifié schléit 2008 all Rekorder: 22,5 Milliounen € am Initial, 17,5 Milliounen € am rectifié, 5,0 Milliounen € Ënnerscheid! - 28,5 Prozent haten deemno solle méi ausgi ginn, wéi et der um Enn sinn. An nach si mer eréischt beim rectifié. Am Kont wäerte wuel nach e puer Prozent derbäi kommen. L'arroseur arrosé, oder sech selwer op de Kënn späitzen, nennt een dat.

Mär wëssen, firwat et zu deem groussen Ënnerscheid do koum, dat brauch keen eis méi z'erklären. Mee mär hoffen, datt elo kee méi dem Här President, a mär mengen och deem een oder aneren am Schäfferot vun haut, brauch z'erklären, net wéi e Budget zesummengestallt gëtt, mee wéi e Budget am Laaf vun engem Joer leeft a lieft.

CSV-STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2009 NATHALIE MORGENTHALER

Am Budget 2009 fanne mer vill gutt Virsätz erëm, mee si beschränke sech ganz dacks och just op een "devis en élaboration". Mär hunn der am Ganzen net manner wéi 21 Stéck gezielt an dat fir ee Wäert vu wäit iwver 2 Milliounen €! De Buergermeeschter huet gemengt de Budget wär ee Beweis fir eng raisonnable Virsiichtegkeet. Bon, am extraordinaire Budget vermësst d'CSV also 21 Mol raisonnable Virsiichtegkeet!

Z.B. steet d'Haus Nummer 12 an der Rue de France mat engem „devis en élaboration“ fir 200 000 € dran. Mär haten dem Kaf vun deem Haus zougestëmmt an der Hoffnung dass d'Gemengenarchiven do géifen ausgebaut ginn an elo gëtt esouvill Geld drugehaangen fir dass et sech als Maison Relais eegent. A wee wees wéivill do nach an Zukunft fir den Ëmbau dra muss investéiert ginn?

Mär hunn eis déi läscht Joeren jo zu Recht driwwer beklot dass a Punkt Stroossenerneierungen net vill, fir net ze soen, bal näischt geschitt ass. Zénter 3 Joer ass un enger Prioritéitelëscht gedoktert ginn an elo endlech tauchen déi 1. nei Stroosseen am Budget op. An awer musse mer feststellen dass der nach mat „devis en élaboration“ do stinn. Mee op mannst ass et luewenswäert dass d'Stroosseen tatsächlech an der Reihefolleg frësch gemat ginn esou wéi se an där Prioritéitelëscht drastinn.

Et sinn eis och e puer Feeler opgefall resp. et sinn eis e puer Saachen net kloér gewierscht. Dofier hu mer jo och e puer Froe schrifftlech eraginn.
Esou sinn am Budget schon d'Taxen all adaptéiert ginn esou wéi mär se hei gestëmmt hunn, mee de Préis vun de Bons de repas sur roues ass nach èmmer deen alen.

Mat verschiddene Budgetsartikele kënne mer eis net ufrënnen. Esou hunn d'Ausgabe fir d'Gemengeblat sech bal verduebelt, obwuel et äech awer net èmmer gelongen ass et mat Zäiten énner d'Leit ze bréngen.
An deem selwechte Beräich vun de Relations publiques vermësse mer nach èmmer een neien Internetsite dee jo anscheinend schon éiweg an der Maach ass.

Et bleift ze hoffen dass déi Suen déi an deen een oder anere Workshop gestach gi sinn och deen deementspriechende Rendement bréngen. Mär froen eis z.B. wat mat de Schlussfolgerunge vun deem Workshop iwwert d'Identitéit vun der Gemeng geschitt? Verleeft dat

elo einfach am Sand? Huet déi Ausgab eppes bruet oder sinn déi Suen zur Fénster erausgehäit? Et gëtt studéiert, gepléischt, berechent, pardon, berechne gelooss! Kënns de net haut, da kënns de muar ... Mär hu jiddenfalls nach keng Resultater dovu gesinn, ausser dass d'Leit méi déif an d'Täsch gegraff kréien!

Wéi ass et mat der Verschéinerung vun eisen Duerfkären? Wat gëtt énnerholl fir dass d'Uertschaften lieweg an attraktiv bleiwen?
D'CSV-Fraktioune vermësst virun allem eng direkt Ubanzung vun deene 4 Uertschaften un den éffentlechen Transport deen direkt op de Site Belval fier!!

Mär hunn eis och gefrot wou dem Stat seng Contributioun beim Pacte Logement ass vu dass mer d'Konditiounen a Punkto Zouwues vun der Awunnerzuel jo awer missten erfëllen.

Da wëll där jo am Wäert vun 1 650 000 € Gebaier kafen, anscheinend am Kader vun dësem Pacte. Mär erënneren d'Majoritéit drun, mee dat wees se jo, dass se soll drun denken och Sozialwunnéngen unzebidden. Bis elo ass neemlech an deem Beräich nach guer náischt geschitt, obwuel mär dat scho virun 2 Joér op der selwechter Plaz gesot hunn!

Et bleibt jo gewosst dass d'CSV ee Problem mam multifunktionnelle Kultursall vun der Sportshal Scheierhaff huet. De Buergermeeschter huet jo bei der Presentatioun gesot: „So wenig wie möglich, soviel wie nötig“. Ma an dësem Fall gesäit d'CSV dat net esou! Fir eis ass dee Sall op där Platz net néideg.

De Schäfferot huet der Oppositioun e Méinden den Optrag ginn selwer Propose fir dëse Budget ze maachen. E wollt dass mär Projeten géifen nennen déi mer op Käschte vun anere Projeten géife virzéien. Mär ginn als CSV net dorop an, well de Schäfferot sech an der Läschte ugewinnt huet Hëllef vu bausse sichen ze goën. Esou si schon e puer Mol Firmaen deier bezuelt ginn fir Analysen an Etuden ze maachen. Mär wëllen elo net dee wertvolle Plan quinquennal, deen d'Gemeng ee ganze Batz Geld kascht huet an vun deem d'Majoritéit esou ageholl ass, als Oppositioun elo esou einfach op d'Kopp geheien.

Där hudd eis Meenung zum Budget 2009 elo heimatt héieren a kënnnt Äech jo sécherlech denken wéi mär dono wärtten ofstëmmen. A wann net, da géife mer wéi de Rudi Carrell soën: „Lass Dich überraschen!“

DÉI GRÉNG-STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2009 MYRIAM CECCHETTI

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Am Numm vun der Grénger Fraktioune well ech genee wéi schon déi läscht Joeren, nees als alleréischt emol dem Schäfferot, der Finanzkommissioun mat sengem President, an dem Personal aus der Gemeng, d.h. de Leit aus dem Service financier an dem Sekretär, e grousse Merci soen fir déi vill Aarbecht déi si sech all Joer fir de Budget machen.

Dëst Joer well ech och nees just op een Volet vun eisem Budget agoen an zwar deen vun der Edukatioun. Zenter ville Joeren probéieren mär Akzenter am Beräich Edukatioun ze setzen. Ech deelen mäin Exposé an 3 grouss Beräicher op an zwar an **Schoulgebäier, Inhalter** an de **Parascolaire**.

1. Schoulgebäier:

Mär hun am Laaf vun de Joeren méttlerweil all Schoulgebäi sanéiert resp. vergréissert oder mär sin am gaangen et ze machen.

- **Schoul um Scheierhaff** (nei Fensteren an eng nei Fassade fir eng besser Isolatioun a sou och Energie ze spueren) an och en neit Gebäi ugebaut.
- **D'Eileréngerschoul** (deen aalen Deel as genee wéi um Scheierhaff esou sanéiert gin dat Energie gespuert gett an deen neien deel as als Passivgebäi gebaut gin)
- **D'Schoul Bieles Post** (hei hun mär eng komplett Erneuerung gemeet an enner dem Dach komplett nei Säll ausgebaut)
- **D'Suessemmer Schoul** (huet nei Fensteren an elo och eng nei Fassade kritt, déi uerdentlech isoléiert gin as an domadder gett nees Energie gespuert).
- **Schoul 2000** do hun mär nei Klassesäll geschaafen, och no deenen neisten Erkenntnisser (d'Säll sin mat Annexen ausgestatt sou dat d'Enseignanten dës no hieren besoien kënnen abezéien, wat deenen neien Educatiunsmethoden zugutt kënnnt. Mär hun hei och Urinoiren ouni Wasser agesaat.)
- **D' Schoul Roude Wee** sin mär amgaangen komplett ze renovéieren. Dat wärt sech iwert e puer Joer eraus-

zögeren, well mär nemmen Schrëttweis kënnen virgoen ouni de Schoulbetrieb müssen zevill ze stéieren. Wann déi bis färdig as, dann hun mär och do neien Schoulraumgeschaaf, mär hun d'Secherheetskritären verbessert, e Lift agebaut an och Energie spueren mär dodurgen dat d'Fensteren an d'Fassade komplett iwerholl gin sin.

- **Schoul um Belval.** Och hei sin mär am gaangen eng komplett nei Schoul ze plangen. Déi soll och esou gebaut gin dat verschidden Klassesäll amovibel Wänn hun sou dat d'Enseignanten all Méglechkeet op hun. Doniewt soll och en Kantine an eng Maison relais kommen, sou dat alles beieneen a mateneen kann funktionnéieren.

Fazit:

- 1) Mär hunn ganz vill neie Schoulraum geschaf
- 2) Mär hunn iwverall d'Sécherheet verbessert duerch Ewechfale vun cul-de-sac an nei Lifter
- 3) Mär hunn iwverall dofir gesuergt, datt besser isoléiert gëtt an also Energie gespuert gëtt

2. Inhalter:

Mee mär hun nüt nämnen Suen an Gebäier gestach an mär wärten och dat an der Zukunft nüt esou man. Mär hun eng ganz Reih u Projeten lancéiert, déi eisen Schoul-system fir all Kand erméiglechen. Nüt méi spéit wéi den 3. Dezember huet eis Gemeng e Präis iwreeecht kritt vun der Association „Elteren a Pedagoge fir Integratioun“. Dëse Präis, deen „Zesummen fir Integratioun“ heescht as eis fir de Projet „Specific Learning Differences“ iwerrecht gin. Dëse Projet, deen zénter 2005/2006 leeft an nach wieder wärt ausgebaut gin, erméiglecht ville Kanner aus eiser Gemeng, während der Schoulzäit an och deelweis dono adequat gehollef ze kréien. Dës Kanner müssen nüt wéi fréier op hieren fräien Nomëtteger an aaner Strukturen ausweechen, déi och nach den Elteren en heeden Geld kaschten (wou mär als Gemeng awer och deemols schon båigeluecht hun). Esou Projeten kaschten natüirlech, mee dat as et eis derwärt. Mär huelen eis Verantwortung an investéieren léiewer an eis Kanner, déi eis Zukunft bedeiten.

Mee niewt deem doten Projet hun mär dëst Joer och nach eng Reitterapie gestart fir Kanner déi Verhalens-problemer hunn respektiv motoresch gestéiert sinn. Wichteg ass virun allem, datt déi Therapie während der Schoulzäit stattfént, sou datt all Kanner déi se brauche, kënnen dovu profitéieren.

Dann as och nach de Projet vun der Hausaufgabenhëllef iwerschafft gin, sou dat mär elo deenen Kanner, déi et néideg hun, well keen doheem mat hinnen léieren kaan (as wéi enger Ursach och emmer) adequat all Dag 2 Stonnen no der Schoul opgefangan gin fir hier Hausaufgaben kënnen ze machen, mee awer och fir geléiert ze gin wéi een richtegek léiert, wat wuel esou wichteg as. Dofir musse mär als Gemeng awer Leit astellen an dat kascht. Dësen Accompagnement scolaire wärte mär genee wéi déi aaner, wa néideg, am Laaf vun den nächste Joeren ausbauen. Dat muß alles am Budget berücksichtegt gin.

Mee deest as nach nüt genuch, mär hun nach eng aaner flott Initiativ, déi am Moment a verschiddenen Klassen probéiert gett, nämlech eng Déierenterapie mat de Kanner.

All dës Projet sollen eise Kanner et erméiglechen vrou a monter a gutgemutt déi beschet utilen ze kréien fir hier wieder Scolaritéit an fir hiert spéldert Berufsliewen.

3. Niewt der Schoul:

• **Maison Relais:**

Och an dësem Beräich geet et all Joers nees wieder. Vu dat emmer nees nei jonk Leit an eis Gemeng wunne kommen an vu dat déi och Kanner hun resp kréieen muß d'Offer der Demande no ugepasst gin an och dat kascht. Mee mär sin eis och an deem Beräich eiser Verantwortung bewosst an bauen dësen Sekteur emmer wieder aus souwuel un Gebäier wéi un Personal. Dobäi muss een ofwoarden, wat eng Repercus-sionen genee d'Aféierung vun de Chèques-service op d'Gemengen hunn. Am Budget sinn op jidde Fall d'finanziell Mëttelen fir schnell kënnen ze reagéire virgesinn.

• **Sportinfrastrukturen:**

Vu dat mär jo vill Schoulen hun an och vill Kanner durch déi Schoule gin, sin mär och am gaangen eis Infrastrukturen wat eis Sportshaalen ugeet ze ernéeiern. Dëst natüirlech och esouwält et méiglech as mat deenen neisten Technologien fir Energie ze spueren. Mär hun de Hall Polyvalent zu Suessem bannen a baussen renovéiert.

Um Scheierhaff sin och schon eng hellewull u Mossnahmen gemeet gin (Vestiairen, verschidden Säll) an am nächste Joer kënnt déi nei Schwämm un den Tour.

Zum Schluß sief nach bemierkt:

De Budget vun deenen nächste Joern gett e Budget an deems mär vill dépenses extraordinaires hun well

mär eng Gemeng sin déi wiest an expandéiert. Wann mär wëllen weiderwuessen, dann as et ganz normal dat mär och nei Gebaier mussen bauen sief dat Schoulen, Maison relaisen oder Sportinfrastrukturen. Dann muß awer och emmer Platz am Budget sin fir déi neisten spuerend Technologien anzesetzen, fir Energie ze spueren, respektiv émweltschounend ze produzéieren. Dëst helleft alles op laang Siicht der Gemeng Suen ze spueren am Budget Ordinaire.

Mee et as awer nüt esou, dat mär elo blannemensches d'Suen ausgin, mär sin virsichtge, vu dat mär jo all wëssen, dat mär momentan an enger Krisis stiechen, déi d'Gemengen awer erréicht richteg ze spieren wärtan kréelen an de Joeren 2010 an 2011 vu dat do dotation de l'état wärt vill méi gereng ausfaalen. Dofir begréisse met et, datt déi 5 Mio Emprunt déi am Budget virgesi sinn, nach émmer eng Tranche sinn vun deem Emprunt vun 10 Mio deen 2002 accordéiert ginn ass, an dee mer eréischt zur Halschend gebraucht hunn. Esouquer wa mer déi 5 Mio léinen, ass eis Prokappverscheldung, trotz villen Realisatiounen aus de läschte Joren méi niddreg wéi am Joer 2004. Datt mer zénter 2004 keen neien Emprunt hu missen huelen, beweist datt mer eng gutt a virsichteg Finanzpolitik bedriwwen hunn.

Well an dësem Budget an eisen Aen nei wichteg Akzenter gesaat gin, wou awer och déi Richtungen aus de läschte Joren bääbehale ginn; well eis Gemeng finanziell viirsichteg virgeet an awer och fir d'Zukunft investéiert, wäerte mär Gréng de Budget natierlech stëmmen.

Myriam Cecchetti
Fir Déi Gréng Gemeng Suessem

STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2008/2009 PATRICIA SPECK-BRAUN (DP)

Här Buergemeeschter, dir Damen an dir Hären vum Schäffen- a Gemengeroot!

Infrastrukturen ewei Schoulen, öffentlech Gebaier, Stroossen etc., Personal Gestiou!!! Bei der Präsentatioun vum Budget 2009 hutt där eis mat enger hellewull Zuelen bombardéiert.

Mär zweifelen nüt un ärem gudde Wëllen, mee déi Art a Weis wéi der är Projee'en émsétze wéllt, gefällt eis nüt!

Genau esou wéineg wéi är Personalpolitik. Natiirlech ass et nüt emmer einfach, déi richteg Lait op déi richteg Posten ze setzen.

Wann et heescht a weiser Viiraussicht op déi nächst 10 bis 15 Joer ze plangen, da geet et awer nüt duer, riets a lénks, deen een oder aneren Posten ze schaafen. Et heescht eng modern Struktur ze kréieren, an déi muss der zukünfteger Planung a Finanzéirung, Rechnung dro'en. Dofir muss e koherent Gesamtkonzept fir d'Personal vun der Suessemmer Gemeng ausgeschafft gin.

Dann braichten mer eis nüt vun enger professioneller privater Consulting Firma fir enorm Beträgt berooden ze loossen.

Hei feelt einfach dat vernetzten Denken, dât eng koordinéiert Arbecht erreischt méiglech mecht.

Är Etuden schéngen eis sowisou zimlech nebulös ze sin. Mär hun d'Impressioun wéi wann et hinnen un der neideger Nohaltekkeet géif feelen.

Eng gewëssen Onsecherheet prägt äre Choix vun Infrastrukturen déi der zur Erneierung virgeschlo'en hutt.

